



► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madame Familljeministes. Domat wäre mer um Enn vun eiser Froestonn ukomm a mir ginn zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwer. Et handelt sech ëm de Projet 6683 oder, op Lëtzebuergesch, dat neit Avortementsgesetz. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht a bis elo sinn ageschriwwen: d'Madame Hetto-Gaasch, den Här Alex Bodry, d'Madame Josée Lorsché, d'Madame Lydie Polfer, den Här Roy Reding, den Här Serge Urbany, den Här Léon Gloden an d'Madame Taina Bofferd.

An d'Wuert huet elo direkt déi éierewäert Rapportes, d'Madame Viviane Loschetter. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

## 5. 6683 - Projet de loi portant modification:

### 1) du Code pénal et 2) de la loi du 15 novembre 1978 relative à l'information sexuelle, à la prévention de l'avortement clandestin et à la réglementation de l'interruption volontaire de grossesse

#### Rapport de la Commission juridique

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng), rapportrice.** - Merci, Här President. Här President, Kolleginnen a Kolleginnen, léif Dammen, viru genau 40 Joer, am November 1974 a Frankräich, gëtt e Gesetz debattéiert, wat den Avortement depenaliséiert. Dat war deemools e wichtege Moment fir ganz vill Fraen, déi sech iwwer zwee Joer laang dofir agesat haten, nottamm och regruppéiert an enger Association „Choisir la cause des femmes“. D'Simone de Beauvoir war hir éischt Presidentin. Hiert Uleies war, den Avortement ze enttabuiséieren an ze depenaliséieren.

343 Fraen, dovunner ganz vill bekannte Fraen, hunn e Manifest ënnerschriwwen, och nach genannt „Le manifeste des salopes“. E Manifest, wou si selwer hir Dot, hiren Avortement zouginn hunn. D'Gisèle Halimi, eng bekannten Affekotin, war eng vun hinnen. Si huet an engem memorandum den Avortementsprozess, de faméise „Procès de Bobigny“ aus dem Joer 1971, an hirer Plaidoirie Folgendes gesot: «On vous dit que vous devez dire le droit. Mais dire le droit n'a jamais voulu dire devenir une justice robot et se désintéresser des grands problèmes de notre vie. A-t-on encore le droit aujourd'hui, en France, dans un pays que l'on dit civilisé, de condamner des femmes pour avoir disposé d'elles-mêmes ou pour avoir aidé l'une d'elles à disposer d'elle-même? Ce jugement de relaxe sera irréversible et, à votre suite, le législateur s'en précupera.» Fin de citation. A genau dat ass zwee Joer méi spéit a Frankräich geschitt. De Législateur huet sech der Saach ugehol.

Datselwecht Joer 1972 zu Lëtzebuerg, traut sech e Sozialist, den Antoine Wehenkel, eng Proposition de loi ze deposéieren, eng Aart Fristeléisung, déi sech un deem deemolegen dänesche Modell inspiréiert. De Verbuet vun der Publicitéit fir d'Verhütungsmëttelen soll opgehuewe ginn an d'Stérlisatioun volontaire soll depenaliséiert ginn. Duerch dës Proposition de loi, déi iwwregens keng Suite erlieft huet, huet trotzdem fir d'éischte Kéier an der Chamber eng ganz animéiert Diskussioun ronderëm d'Recht op d'Autodéterminatioun vun der Fra stattfonnt.

An nach eemol, 40 Joer virum Antoine Wehenkel, hat en anere Sozialist, de Venant Hildgen am Joer 1933 eng Proposition de loi deposéiert, fir den Avortement pour raisons médicales ze erlaben. Dës Proposition gouf deemools als skandaléis ofgestouss. D'Frae ware mat kengem Member an der Chamber vertrauten.

Dem Venant Hildgen säin Enkelkand sëtzt haut ënner ons an der Chamber. Här Fayot, Aren Ugrousspapp hat, wann ee sech an déi Zäit zrëckversetzt, politesche Courage! Well et muss ee wëssen, datt hei zu Lëtzebuerg bis am Joer 1978 den Avortement an d'Assistance à l'avortement mat Prisongsstrofe besat waren. An nach virdrun, méi genee virun 1879, war et Prison à vie fir eng Fra, déi ofgedriwwen huet, an Travail forcé fir all Assistance à l'avortement!

1978 war déi éischt Méiglechkeet ginn, duerch eng blo-rout Regierung, eng kloer an differenziéiert Léiglatioun ze stëmmen an eng Indikationsléisung anzeféieren. Et war deemools um Dokter eleng, ze decidéieren, ob eng Fra an Nout ass, enger physescher oder psychescher Gefor ausgesat war, oder ob d'Kand riskéiert, schwéier behënnert ze ginn. Och eng Vergewaltigung géllt als valabel Indikatioun, fir dierfen ofzedriwwen.

Duerno gëtt et keng richteg Opportunitéit méi, fir d'Gesetz vun 1978 der Gesellschaft an de

Méiglechkeete vun haut ze adaptéieren. Och net déi Proposition de loi vun der Madame Err aus dem Joer 2007, déi genau d'selwecht vun der Madame Polfer am Joer 2010 nach eemol deposéiert gëtt.

Am Joer 2012 gëtt d'Gesetz am Artikel 353 adaptéiert. Zu den Indikatiounen kënn et dobäi, déi vun der Détresse sociale. Well präconiséiert gëtt, datt eng Fra ka selwer hir Détresse aschätzen, gëtt parallel, nieft der medezinescher Consultatioun, eng obligatoresch zweet psychosozial Consultatioun agefouert. Mä den Avortement bleift am Code pénal. D'Problematik vum Avortement bei Mannerjähre gëtt fir d'éischt substanzéiert thematiséiert a beschtméiglechst geregelt.

Haut dann, um 2. Dezember 2014, entsteet duerch e Projet de loi e Paradigmewissel am juristesche Beräich an am Santéberäich. An domadder e Paradigmewissel am gesellschaftspolitesche Beräich! Mir verloossen definitiv den Avortement duerch eng Indikatioun. Mir féieren eng regelrecht Fristeléisung an. Eng Frist, déi sech net méi am Code pénal an den Artikelen 351, 353 an 353-1 befënnt.

Dëse Projet de loi ass vum Justizminister Félix Braz de 16. Abrëll 2014 deposéiert ginn. De Conseil d'État huet den 1. Juli säin Avis ginn, annexéiert mat engem Avis séparé. De 24. September 2014 sinn ech als Rapportrice genannt ginn. D'Commission juridique huet sech de 24. September, den 8. an 22. Oktober mat dësem Projet befaasst a souwuel den Avis vum Statsrot wéi och all déi aner schrëftlech Avisen analyséiert an diskutéiert.

Well dëse Projet de loi an Zukunft e Gesetz wäert sinn, mat deem d'Santéspolitik wäert gefuerdert ginn, hu sech d'Membere vun der Santéskommissioun un den Analysen an Diskussiounen bedeelegt. Mir hunn awer de Rapport den 19. November an der Commission juridique majoritairement ugeholl.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Detail fannt Dir a mengem schrëftleche Rapport. Ech wëll mech mëndlech op déi wesentlech Ännerunge beschränken a mäin Temps de parole notzen, fir déi Recommandatiounen vun deenen zwou Kommissiounen ze ënnersträichen.

De wesentleche Punkt ass sécherlech d'Afféiere vun enger kloerer Fristeléisung, bis déi 14. Woch aménorrhée, an dës Frist aus dem Code pénal ze sträichen. Mat dësen neien Dispositiounen ass derfir gesuergt ginn, den Text ze moderniséieren, de Wording esou ze gestalten, datt den Text sans équivoque ass. D'Fra ass a bleift fräi an hirem Choix. De Choix final gehéiert eleng hir. Si dierf net beaflosst ginn. Hiert Recht zur Autodéterminatioun muss garantéiert bleiwen.

Déi zweet obligatoresch Consultatioun, déi psychosozial Consultatioun, no der medezinescher, gëtt duerch eng fakultativ Consultatioun ersat. Och dës Ännerung ënnersträicht nach eemol d'Suerg, fir d'Autodéterminatioun vun der Fra ze garantéieren. Si bleift allerdéngs obligatoresch fir mannerjähreg jonk Dammen.

Och de Consentement par écrit gëtt ofgeschaaft. Den Text betreffend d'Femmes mineures gëtt minimal adaptéiert. Mä e wichtege Punkt muss ech awer hei ënnersträichen: Et ass wichteg, d'Intégrité corporelle vun der Femme mineure ze assuréieren. D'Beméiungen, mat de Représentanten légaux a Kommunikatioun ze kommen a Fäll, wou dëst schwierig ass, bleiwe bestoen, mä d'Obligatioun gëtt ofgeschaaft. Et gëtt garantéiert, datt eng Femme mineure net muss hir Schwangerschaft zu Enn bréngen, wa si dat net wëllt.

D'Interruption volontaire de grossesse gëtt vun der Caisse nationale de Santé rembourséiert. Dofir soll elo d'Nomenclature mat engem neie Code komplettéiert ginn. Dëst ass iwwregens och noutwendeg, fir iwwerhaapt emol fiabel Donnéeën, voire iwwerhaapt emol Statistiken ze kréien. A mir brauchen déi Statistiken, nottamm och, fir emol där gestëmmt Motioun aus dem Joer 2012 gerecht ze ginn. Ouni Statistike kënnen mer mam beschte Wëlle keng Evaluatioun maachen.

Et wor de Membere vun deenen zwou Kommissiounen wichteg, ze ënnersträichen, datt d'Sammele vun Informatiounen an Daten, déi d'Santé publique brauch, net dierfen d'Protection des données vun all Eenzelner verletzen. De Principe de proportionnalité muss gewahrt ginn an d'Date muss fir d'Statistiken anonymiséiert ginn.

Des Weidere muss garantéiert ginn, datt dës Daten net kënnen vun Drëttpersonen konsultéiert ginn. Och muss et méiglech sinn, oder ginn, datt déi betraffe Persoun kann zu all Moment kucke goen, wien a wéini een an hiren Date wor. D'Retraçabilité muss garantéiert ginn. Dat sinn oder dat ginn Aufgabe fir d'Agence eSanté - d'Agence nationale des informations partagées dans le domaine de la

santé - an och dem Domaine des soins partagés.

Dann zum Schluss, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun de Membere vun deenen zwou Kommissiounen e puer Recommandatiounen.

Éischtens, ob een net sollt driwwer nodenken, de Remboursement vun de Mesures contraceptives vun der Pëll iwwert den Alter vu 25 Joer eraus ze dehnen. Well wann ee sech d'Statistike vun den Avortementen ukuckt, da weisen déi eigentlech dorop hin.

Och de Remboursement vun dem Stérilet oder dem Implant, déi manner Chemie fir d'Frae bedeiten als Verhütungsmëttelen an déi de Moment keng Nomenclature hunn, sollt eigentlech iwwerluecht ginn. Oft, a well se ebe keng Nomenclature hunn, ginn dës Verhütungsmethoden ganz deier bezuelt.

D'Contraception d'urgence, d'Pilule du lendemain, dat wor och eng Reflexioun vun deenen zwou Kommissiounen, an ob et net och wichteg wier, déi Methoden ze rembourséieren.

D'Sterilisatioun als definitivt Verhütungsmëttel sollt eigentlech och considéiert ginn.

An dann e leschten a wichtege Punkt, wou mer ons konnten eenegen, dat wor d'Education sexuelle an de Schoulen. Misst net do de Plan d'action vun der Education sexuelle an de Schoulen oder an de Maisons relais oder an de Jugendhaier adaptéiert ginn? A misst een net do och kloerstellen, wien derfir zoustänneg ass? Ass et den Enseignant? An, wa jo, bräicht den net eng speziell Formatioun an der Formation initiale oder an der Formation continue? A wann et net den Enseignant ass, mä en Akteur vu baussen, misst dann deen Akteur vu baussen net déi noutwendeg Mëttelen, souwuel finanzieller Natur wéi a Ressources humaines, hunn?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et wor mir eng grouss Eier, dierfe Rapportrice vun dësem Projet de loi ze sinn. Wann ech op d'Interventioun vun der Ministesch Simone Veil viru 40 Joer op der Tribün vun der Assemblée nationale zrëckkommen, da passt dëse Saz vun hir als Ofschloss zu mengem mëndleche Rapport am beschten. Si sot: «Je voudrais tout d'abord vous faire partager ma conviction de femme - je m'excuse de le faire devant cette Assemblée presque exclusivement composée d'hommes - aucune femme ne recourt de gaieté de cœur à l'avortement. Il suffit d'écouter les femmes.»

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madame Loschetter. An d'Wuert huet elo den éischte Riedner, den Här Léon Gloden.

#### Discussion générale

► **M. Léon Gloden (CSV).** - Merci, Här President. Mir diskutéieren a stëmmen haut of iwwert de Projet de loi, deen d'Gesetz vum 12. Dezember 2012 iwwert den Avortement ofännert. Ech wäert op eng Rei méi juristesche Aspekter agoen a meng Kollegin, d'Françoise Hetto, wäert zu enger Rei anere Punkten herno Stellung huelen.

Erlaabt mer fir d'éischt, der Rapportrice Merci ze soe fir de schrëftlechen a mëndleche Rapport, deen de Mérite huet, historiesch de Processus législatif betreffend d'IVG hei zu Lëtzebuerg an op europäeschem Niveau ze retracéieren.

Dëse Projet de loi gëtt duergestallt, wéi wann et eng déif gräifend gesellschaftspolitesch Reform wier. Ass et dat? Fir d'CSV huet déi déif gräifend gesellschaftspolitesch Reform mam Gesetz vun 2012 stattfonnt, wou de Projet de loi vun deem deemolege Justizminister François Biltgen deponéiert ginn ass.

Ech hunn d'Débaten nogelies, déi deemools hei an der Chamber stattfonnt hunn, an ier ech op e puer Punkte vun aktueller Projet de loi aginn, wëll ech déi remarkabel Ried vum Lucien Weiler nach eng Kéier an Erënnerung rufen, wou en, ënner anerem, gesot huet, ech zitieren: Ech wëll deene soen, „déi d'Selbstbestimmungsrecht vun der Fra iwwert hire Kierper als absolut ugesinn, dass et international Bestëmmunge gëtt. Mir hunn d'Convention européenne des droits de l'Homme a mir hunn Décisiounen vun der Cour européenne des droits de l'Homme. An d'Cour européenne des droits de l'Homme, déi seet: «Le droit de la femme enceinte au respect de sa vie privée doit se mesurer à l'aune d'autres droits et libertés concurrents, y compris ceux de l'enfant à naître.» Ech mengen, datt ass kloer. D'Cour seet, dass ee Recht muss considéiert ginn à l'aune vun deem anere Recht. Et gëtt hei keen absolut Recht, wat iwwert deenen anere Rechter steet, mä dat eent muss considéiert ginn an Ubetuecht vun deem aneren.“ - Fin de citation.

Wat deemools gestëmmt huet, ass haut och nach richtig. An ech huelen et viwech: Duerch dëse Projet de loi gëtt d'Selbstbestimmungsrecht vun der Fra net méi grouss. De Paradigmewissel huet am Gesetz vun 2012 stattfonnt. Do ass d'Selbstbestimmungsrecht vun der Fra agefouert ginn. Zënter 2012 ass et d'Fra, déi eleng decidéiert, ob se ofdreiwe wëllt oder net.

Dëse Projet de loi ass och kee Paradigmewissel Point de vue Fristeléisung. Ech zitieren den Alex Bodry aus den Débatte vun 2012, wou den Här Bodry Folgendes gesot huet: „D'Positioun vu menger Partei...“, also déi vun der LSAP, „...war, eng Fristeléisung anzeféieren, d'Stroffräiheet also vun der Fra während enger gewëssener Period, während deenen éischten dräi Méint, an natierlech och d'Selbstbestimmungsrecht vun der Fra.“ - Fin de citation.

Mir hunn also säit 2012 d'Fristeléisung.

Dofir drängt sech d'Fro op, firwat no knapps zwee Joer onbedéngt d'Gesetz vun 2012 ofgeännert muss ginn. Wor 2012 e reelle Besoin do, ass dat haut net de Fall. Am Exposé des motifs vum Projet de loi vum 20. Januar 2010 steet: «L'inadaptation de la loi luxembourgeoise conduit à des situations d'injustice sociale et d'injustice par rapport à l'accès à une médecine de qualité accessible à toutes et expose beaucoup de femmes à des risques pour leur santé qui pourraient être évités. Nous sommes donc en présence d'une réelle nécessité d'adapter la législation relative à l'interruption volontaire de la grossesse aux réalités du pays.»

Am Exposé des motifs vum aktueller Projet de loi ënnersträicht d'Regierung hir „volonté affirmée“, d'Gesetz ofzeänneren. Mä mat wat fir engem Grond? D'CSV gëtt d'Gefill net lass, datt et der Regierung drëms geet, sech no baussen ze verkafen als d'Regierung vun de scheinbar déif gräifende gesellschaftspolitesche Reformen. Dofir soen ech nach eng Kéier ganz kloer hei op der Chambertribün: Et woren d'CSV an d'LSAP, déi 2012 déi grouss gesellschaftspolitesch Reform an dësem Domän gemaach hunn!

Elo soll d'Notion de détresse aus dem Gesetz gestrach ginn. Fir eis ass d'Sträiche vun der Notion de détresse als Partei net neutral. An ech verweisen hei op déi zwee Aweise vum Statsrot, souwuel den Avis séparé wéi den Avis majoritaire.

Am Avis majoritaire seet de Statsrot, datt d'Sträiche vun der Notion de détresse net neutral ass. Ech zitieren: «En estimant que la présence d'une situation de détresse ne doit pas être obligatoirement recherchée, on ne peut que déduire qu'il existe également des situations où des interruptions de grossesse sont demandées sans qu'il y ait une situation de détresse pour la femme. Or, s'il n'y a aucune situation de détresse, il n'y a a priori pas d'indication médicale identifiable. Il faut en déduire que les interruptions de grossesse pourraient être pratiquées sans qu'il y ait nécessité médicale, mais il s'agit d'une initiative trouvant son régime dans une convenance personnelle de la femme concernée définissant l'utile et le nécessaire.» - Fin de citation.

De Conseil d'État seet am selwechten Alinea, datt en net dovunner ausheet, datt vill Fraen, ouni de Poids vun esou enger Décisioun ze mesuréieren, eng IVG géife vollzéien. Och d'CSV ass der Meenung, datt déi ganz grouss Majoritéit vu Fraen esou een Akt wueliwwerluecht maachen. Et ass awer fir eis psychologesche wichteg, datt déi Notion de détresse drableift. Well et ass ebe méi wéi en Acte médical. Et ass eng Décisioun, déi de Laf vum Liewen, souwuel vun der Fra wéi eben och vum ongebuere Kand, nohaltege präagt.

De Statsrot warnt, mat Recht, dovir, datt d'IVG net därer en Element vun der Planification familiale ginn. Dofir si mir als CSV der Meenung, datt d'Notion de détresse am Text stoe bleiwe soll.

D'Majoritéit verkeeft dëse Projet de loi och als grouss gesellschaftleche Fortschritt, an deem eng Depenalisation géif stattfannen, well d'Artikelen aus dem Code pénal an d'Gesetz vun 1978 agefouert ginn. Dëst ass nëmmen eng Hallefwourecht. An ech si frou, datt d'Rapportrice an hirem geschriwwene Rapport dorobber higewisen huet, datt et nëmmen eng Dépenalisation partielle ass.

Am Fong ännert do näischt par rapport zum Gesetz vun 2012. Well eng Ofdriewung, déi an de legale Konditiounen geschitt, ass per se natierlech net strafbar. Eng Ofdriewung, déi ausserhalb vum gesetzlechen Rahmen erfollegt,





war 2012 a bleift, no dësem Gesetz, och pénalement strafbar. Et soll een de Leit dat ganz kloer soen.

Mäi leschte Punkt ass de schréfftlechen Accord vun der Fra. Am Gesetz vun 2012 steet, datt eng Confirmation écrite vun der Fra muss do sinn, fir datt den Dokter d'IVG praktizéiert. Elo gëtt dës Konditioun erausgeholl fir volljähreg Fraen. D'Confirmation écrite bleift awer fir eng „femme mineure non émancipée“. - D'Madame Rapportrice huet dat ënnerstrach.

Fir eis als CSV ass et wichteg, datt bei esou engem graven Akt eng schréfftlech Bestätigung vun der Fra am Dossier läit. Dëst ass keng Schikanerie, well wann een esou eng Décision am Aklang mat sengem Gewësse geholl huet, da misst ee jo och kënne bereet sinn, datt schréfftlech dem Dokter ze bestätegen. Autodeterminatioun heescht och Responsabilitéit!

D'Majoritéitspartei wore leider net bereet, den Accord écrit am Gesetz stoen ze loosse fir volljähreg Fraen. Mir bedauern dat.

Mir verweisen hei op den Avis vum Collège médical, dee sech d'Fro stellt, ech zitieren: «S'agit-il ici d'un changement de paradigme voulu par le législateur, puisqu'ailleurs les médecins se voient paradoxalement confrontés à des exigences de plus en plus strictes en matière de documentation du consentement éclairé et de ne procéder à des traitements qu'après avoir eu ce consentement par écrit, procédé qui malheureusement sème souvent la méfiance dans une relation qui devrait être marquée par la confiance.»

Et ass och net richtig, wéi dat an den Diskussiounen an der Kommissioun behaupt ginn ass, datt keng Tracé vun aneren Actes médicaux an den Dossiere wieren. Bei all Acte médical ass eng Trace an engem Dossier. A bei esou engem graven Akt wéi der IVG si mir der Meenung, datt en Accord écrit muss weiderhin do sinn, och, fir den Dokter juristesches ofzesécheren.

Dëst ass och d'Meenung vum Statsrot, dee kloer ënnersträicht, datt et wéinst dem Risiko vun enger Responsabilité civile, jo souguer Responsabilité pénale vum Dokter wichteg ass, den Accord ze kréien. Weider seet de Statsrot, datt à défaut vun engem Consentement écrit d'Doktere kéinte refuséieren, den Avortement, deem d'Fra décidéiert hätt, duerchzezéien. Dëst wier jo contraire zu der Ratio legis, souwuel vum Gesetz vun 2012 wéi vun dësem Projet de loi.

Op déi aner Punkten, Här President, geet meng Kollegein Françoise Hetto an. Erlaabt mer just zum Schluss ze soen, datt dat, wat d'Madame Hetto an ech hei presentéieren, d'Positioun vun der CSV-Partei ass. Well et sech awer hei, fir et mat de Wieder vum Lucien Weiler ze soen, ëm en „delicate Sujet“ handelt, ëm e sensibele Sujet, bei deem d'Deputéierten no hirem Gewëssen handle sollen, hu mir an der Fraktioun décidéiert, datt eis Deputéiert Gewëssensfräiheet beim Vote hunn, wéi dat och de Fall war beim Gesetz vun 2012.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Gloden. Nächste Riedner ass den Här Alex Bodry fir d'LSAP.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Haltung vun der Gesellschaft a vum Gesetzgeber géintwuer de Rechter vun der Fra bei der Vermeidung vun ongewollte Schwangerschaften an der Bestrofung vun den Ofdreiwungen huet sech progressiv an deene leschte Jorzéngte verännert. Sexuell Opklärung, offenen Émgang mat der Sexualitéit, Contraceptioun, all dat ass haut fir déi meeschte Leit hei zu Lëtzebuerg eng Selbstverständlechkeet. Dat war viru 40 Joer sécherlech net de Fall. An och den absolute Schutz vum ongebuere Liewe steet verstärkt géintwuer dem Recht op Selbstbestimmung vun der Fra, der schwangerer Fra.

Zu Lëtzebuerg, wéi a villen anere Länner, huet déi Wäertegewichtung do och zu engem Emdenken an der Politik gefouert, en Emdenken hin zu gewollte Schwangerschaften, zu Kanner, déi wëllkomm sinn, wa se op d'Welt kommen. Dat soll favoriséiert ginn, och vum Législateur.

Déi Ännerung vun der Rechtslag, déi een international fënnt, huet sech selbstverständlech och zu Lëtzebuerg ofgespillt, an an dem schréfftleche wéi och mündleche Rapport vun der Rapportrice, der Madame Loschetter, ass dat in extenso beschriwwen ginn.

Etappeweis hu mer eis Legislatioun ronderëm d'Fro vum Avortement geännert. Eng éischte Kéier 1978, wou mer aus engem System vun

engem absolute Verbuet eriwergaange sinn an eng Indikatiounsleisung, d'Noutsituatioun vun der Fra festgestallt, allerdéngs duerch eng drëtt Persoun, duerch den Dokter. Ausbau och vun der Sexualopklärung an de Schoule waren nächst Etappen. D'Iwwerhuelung och vun de Käschte vun dem Avortement iwwert d'Krankekeess, och wann dat iwwer verschidden aner Akte camoufléiert ginn ass. D'Ausdehnung virun allem och vun der Contraceptioun an de Schoulen, de quasi gratis Zougang fir jonk Leit, wat déi verschidde Verhiddungsmëttelen ugeet. Alles dat sinn Etappen, déi an deene leschte Jorzéngte gemeinsam begaange gi sinn.

An déi lescht Etapp, virleefeg lescht Etapp, well haut si mer amgaangen, eng nei Etapp ze huelen, war d'Gesetz vun 2012, wat hei den 22. November 2012, also virun zimlech genau zwee Joer vun CSV a vun LSAP gestëmmt ginn ass. An der Endfassung, esou wéi et aus der legislativer Prozedur erausgaangen ass, ass et eigentlech eng Fristeléisung, och wa se deen Numm net dréit. Mä haut schéngt souguer d'CSV bereet ze sinn, hir déi Etikett opzeppechen, wou se allerdéngs virun zwee Joer hei an den Debatten nach ëmmer vun enger Indikatiounsleisung geschwat huet.

Et ass eng implizit Fristeléisung ginn, mat enger obligatorescher psychosozialer Berodung a spezialiséierten Zentren. An et war eigentlech deem dote Punkt, dee verhënnert huet, dass hei eng vill méi breet, eng quasi Unanimitéit hätt kënne erreicht ginn, well bis zum Schluss, ech war Zeien dovunner, d'CSV sech geweigert huet, dat ze maachen, wat hir Vertrieeder am Statsrot bereet waren, ze maachen, an ze soen, déi zweet Berodung, déi psychosozial Berodung maache mer fakultativ. Et gëtt e Recht, eng Berodung ze kréien, mä se kritt keen obligatoresche Charakter. An déi Gewëssensfräiheet, déi se vläicht hiren eegene Memberen haut zougestinn, déi hu se sengerzäit dem Koalitionspartner op deem dote Punkt net zougestanen. Och dat muss ech hei mat Bedauern feststellen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Mä et ass wouer, an ech deelen do eigentlech d'Grundanschätzung, déi virun hei mäi Virriedner gemaach huet, dass par rapport zum Gesetz vum 15. November 1978 deen Text vun 2012 sechs fundamental Neierungen a Verbesserungen bruecht huet. D'Selbstbestimmungsrecht vun der Fra ass an de Mëttelpunkt vun der Gesetzgebung erageréckelt. Si apprécieiert eleng, ob se sech an enger Noutsituatioun befënnt. Et geet rieds vun enger Appréciation souveraine vun der Femme enceinte.

D'Situatioun vun de mannrjährege schwangerer Frae gëtt extra geregelt. Dat war eng absolut juristesche Grozon bis dohinneer hei zu Lëtzebuerg.

Drëttens: D'Recht op eng sozial a psychologesch Betreierung virun an no dem Avortement gëtt agefouert. De Reflexionsdélai no der éischter Consultatioun vum Dokter ass vu siwen op dräi Deeg erofgesat ginn. Den Dokter, deem d'Ofdreiwung net kann oder net wëllt praktizéieren, muss déi Fra weiderleeden un eng Stell, wou hir ka gehollef ginn, wou also kann den Avortement, wa se dat wëllt, praktizéiert ginn. A schliisslech ass déi al Residenzklausele vun dräi Méint, net konform zum europäesche Recht, aus eisem Gesetz erausgestrach ginn.

Grosso modo entsprécht den aktuellen Text, dee vun 2012, plus ou moins deem, wat haut an Däitschland vu Gesetzgebung besteet, allerdéngs ënner anere constitutionnelle Voraussetzungen, wéi dat hei zu Lëtzebuerg de Fall ass.

Ech hunn och selwer am Numm vun deenen zwou deemolege Koalitionsparteien eng Motioun an der Chamber erabruucht, wou haaptsächlech sollt erreecht ginn, dat war zumindest d'Absicht vun der LSAP, dass déi Debatt an dëser Legislaturperiod, egal wéi d'Regierung géif ausgesinn, nach eng Kéier kéint gefouert ginn. Mir wollten et net mat deem Gesetz vun 2012 einfach ad acta leeën, mä och derfir suergen, dass an deenen nächste Joren nach eng Kéier eng fundamental Debatt ronderëm déi Fro hei gefouert gëtt.

A genau dat geschitt elo mat deem heiten Text, mat dem Regierungsprogramm, mat deem Projet, deem Gesetzesprojet, deem d'Regierung hei erabruucht huet, wou elo aus enger impliziter Fristeléisung eng explizit, eng 100%eg Fristeléisung gëtt, wou mer den Text méi kohärent, méi kloer maachen a wou mer deelweis och d'Prozedur vereinfachen.

Dat si wesentlech zousätzlech Neierungen a Verbesserungen, déi iwwert deem heite Gesetzesprojet vun dëser Regierung a vun dëser Majoritéit an deem Text hei agebaut ginn. Dës Léisung entsprécht 1:1 dem LSAP-Wahlprogramm. An dës Solutioun schreift sech an, Madame Loschetter, Dir hutt et virun nach

eng Kéier rappeléiert, an eng Rëtsch vu legislativen Initiativen, grad vu sozialistesche Politiker an deene leschte laange Joren, fir déi Debatt ronderëm den Avortement weiderzedreiwten.

1933 de Venant Hildgen, 1972 den Antoine Wehenkel an 2007 d'Madame Lydie Err. Dës sozialistesche Virsteiss hunn och dozou gefouert, dass d'effentlech Debatt weidergaangen ass. An et sinn och, wann och mat zäitleche Verzögerungen, sinn etlech Fortschritter erziilt ginn. Haut si mer vläicht net am Ofschloss vun enger Entwécklung, mä dach, mengen ech, dass mer provisoresch zumindest déi Debatt hei kënne beendege mat deem heiten Text, wou véier zousätzlech wichteg Neierungen an den Text vun 2012 erakommen.

Ähnlech wéi dat a Frankräich eréischt virun e puer Méint geschitt ass, gëtt hei proposéiert, fir d'Notioun vun der Détresse aus dem Gesetzestext erauszehuelen. D'Regele ginn an Zukunft an d'Gesetz vun 1978 iwwert d'Sexualinformatioun an d'Regelung vum Avortement ageschriwwen a ginn, zumindest deelweis, aus dem Code pénal erausgeholl.

Dat heescht net, dass Stroffrähheet géif bestoen! En Avortement, deem net an där legaler Rumm duerchgefouert gëtt, steet och weider ënner Strof, kann also och weider vum Parquet verfollegt ginn. Mir mengen, dass dat och net falsch ass, dass een och net därer deem Akt banaliséieren. An eisen Aen, wëll ech och hei ganz däitlech soen, ass den Avortement net eng Method, fir eng Familljeplanung hei zu Lëtzebuerg duerchzeféieren. Déi Positioun huet sech bei eis net geännert.

Mä et ass awer esou, dass mer virun allem awer an deem heiten neien Text e ganz kloert Onmëssverständnisbekenntnis gesinn, wat d'Verantwortung vun der Fra ugeet, an dass mer iwwert deem heite Wee virun allem awer déi obligatoresch Consultatioun, an deemools war jo en Amendement hei an den Debatte presentéiert ginn, deem obligatoresche Charakter vun der Consultatioun, der zweeter Consultatioun fir groussjähreg Frae fakultativ maachen. Si bleift obligatoresch fir mannrjähreg schwanger Fraen.

Net zrëckbehale gouf zum Beispill d'Iddi, déi emol an der Diskussioun war - ech mengen, d'Madame Err hat déi jo och e puermol opgegraff -, fir elo e speziellen Delikt hei zu Lëtzebuerg anzeféieren, deem d'Obstruction géint d'Virhuele vun engem Avortement soll speziell ënner Strof stellen. Mer hunn eigentlech net elo an de Fakte vun deene leschte Jorzéngten Elementer gesinn, dass de Législateur misst noutgedrongenerweis hei légiféieren.

An ech wollt och soen, dass d'Gewëssensklausele och fir d'Dokteren a fir d'medezinesche Personal bestoe bleift, esou dass ech géif behaupten, dass mer et hei sécherlech mat enger Weiderféierung, enger Verbesserung vun der Legislatioun vum Avortement ze dinn hunn, vu méi Liberaliséierung ze dinn hu mat deem heiten Text, mä dass et awer, nach wie vor, en Text ass, deem e gewëssenen Équiliber hält, deem net total zu enger Säit hänkt, mä deem awer verschidde Wäerter versicht géinteneen opzeweien, och wann d'Prioritéit gi gëtt dem Selbstbestimmungsrecht vun der schwangerer Fra, aner Considératiounen net außen vor gelooss gi mat deem heiten Text, deem haut hei diskutéiert gëtt.

Et ass an eisen Aen e Projet, dee juristesche kohärent ass, dee politesch eierlech an ausgeglach ass an duerfir, denken ech, eng relativ breet Majoritéit am Parlament hei zu Lëtzebuerg misst fannen. Et ass kee Fräischäin fir eng Ofdreiwung als Ersatz vun enger verfeeltener Contraceptionspolitik, mä et ass eng Unerkennung fir d'Selbstbestimmung vun der schwangerer Fra. An dat ass en Aspekt, wou besonnesch och meng Fraktiounskollegein Taina Bofferdig elo gläicht wäert méi am Detail drop agoen.

En décke Merci fir d'Rapportrice fir hir propper, zolidd an eierlech Aarbecht, déi sachlech Diskussioun, déi mer op deem heiten Thema kënne féieren haut, wéi dat och scho virun zwee Joer hei de Fall war. An d'LSAP-Fraktioun wäert gären deen heiten Text stëmmen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Bodry. An nächst Riednerin ass d'Madame Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Loi Veil, déi schonn e puermol erwähnt ginn ass, an déi stiermesch Debatte ronderëm den Avortement, déi viru genee 40 Joer a Frankräich gefouert gi sinn a ganzer dräi Deeg gedauert hunn, déi sinn an d'Geschicht agaangen. Net nëmme wéinst dem Inhalt vum Gesetz, mä och wéinst de ketzereschen, verleumdereschen an antisemiteschen Attacken op d'Persoun vun

der Ministesch Simone Veil. Och dat soll eng Kéier haart gesot ginn.

Dës Debatt huet net nëmme Frankräich geprägt, se hat och en Afloss op Lëtzebuerg. Net vun ongeféier stoung véier Joer duerno d'Madame Marthe Bigelbach-Fohrmann, eng LSAP-Deputéiert vun Diddeleng, op dëser Plaz. Hire Neveu ass och am Sall. Si stoung op dëser Tribün als Rapportrice vun engem Projet de loi, deem d'Ofdreiwung och zu Lëtzebuerg sollt reglementéieren. Grad wéi d'Simone Veil huet och si kee Blat virun de Mond geholl, wéi si deene villen Hären heibannen erkläert huet, datt keng Fra aus Pleséier ofdreift, mä datt et d'Gesetzter sinn, déi d'Fraen zur Ofdreiwung dreien. Déi sozial-liberal Koalitioun huet der zimlech vill laanscht d'Bake kritt déi Zäit, mä d'Gesetz ass gestëmmt ginn an et huet net méi laang gedauert, bis dass kee Mënsch et méi a Fro gestallt huet.

Léif Kollegeinnen a Kollegen, well haut e besonneschen Dag ass, zumindest fir vill Fraen, wëll ech un eng drëtt Fra erënneren, déi et verdéngt, haut erwähnt ze ginn. Et ass eng Gynäkologin, déi 1929 gebuer ginn ass an 1999 leider vill ze fréi verstuerwen ass duerch en tragischen Autosaccident. Dir wësst alleguer vu wem ech schwätzen. Ech schwätze vun der Dokter Molitor-Peffer, déi de Planning familial am Joer 1965 gegrennt huet an déi op d'mannst esou vill Géigewand verspiert huet wéi déi sozial-liberal Koalitioun vun deemools. Si huet souguer en Disziplinarverfahre kritt, well se de Planning familial gegrennt huet. Natierlech hat se och e gudden Affekt, den Här Krieps.

D'Dokter Molitor-Peffer hat keng Muecht, mä se hat Ausdauer a se huet hiert Liewen onermiddlech dofir agesat, datt d'Opklärung, d'Contraceptioun an d'Hëllefstellung groussgeschriwwen géife gi bei ongewollte Schwangerschaften. Op déi Manéier huet si mat villen Tabuthemen hei zu Lëtzebuerg opgeraumt an huet zu engem Mentalitéitswandel bäigedroen, dee mer haut nach verspiere. Et ass e Mentalitéitswandel, deem et haut erlaabt, e Gesetz ze stëmmen, an deem keng Plaz méi ass fir Hypokrisie a keng Plaz méi fir Schähnhelegkeet.

An Ärem Rapport, Madame Loschetter, hutt Dir eng ganz gutt Analys gemaach vun der Geschicht, awer och vun de gesamten internationalen Dispositiounen ronderëm den Avortement. Et ass eng Dokumentatioun dobäi erauskomm, déi hire Wäert behält, an dofir soe mer Iech villmools Merci, och am Numm vun der grénger Fraktioun.

Léif Kollegeinnen a Kollegen, éier ech op déi eenzel Dispositiounen vum Gesetz ze schwätze kommen, wëllt ech eppes kloerstellen, an zwar Folgendes: Restriktiv Gesetzter si keng Verhütungsmëttel! Restriktiv Gesetzter féieren net zu niddregem Ofdreiwungszeelen, mä dozou, datt d'Ofdreiwungen onprofessionell duerchgefouert ginn. Dat géllt besonnesch fir mannerbemëttelt Fraen, déi sech et net leeschte kënnen, fir eng Ofdreiwung an d'Ausland ze reesen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Laut der WHO, der Weltgesundheitsorganisatioun, a laut dem renommierten Alan Guttmacher Institute vun New York si weltwäit insgesamt 44 Milliounen Schwangerschaftsabbruch am Joer ze verzechnen. 22 Milliounen vun deenen Ofdreiwungen sinn illegal. Tëschent 70.000 an 80.000 Frae kommen all Joer duerch eng onsachgeméis Offdreiwung ëm d'Liewen!

Dir Dammen an Dir Hären, dat sinn Zuelen, déi ze denke ginn an déi d'Diskussioun vun haut an d'Liicht vun der Realitéit stellen.

Eng aner Zuel, déi och ze denke gëtt, ass den héijen Taux vun Ofdreiwungen am Total vun alle Schwangerschaften, déi zustane kommen. Am europäesche Raum ginn am ganzen 30% vun alle Schwangerschaften ofgebrach, wat praktesch kee Mënsch ka gleewen. Et ass awer esou! Un deem Taux huet sech säit Jorzéngten näischt geännert, obscho vill Efforte gemaach gi sinn am Beräich vun der Verhütung. Dat weist also, datt d'Offer an d'Verfügbarkeet vu Verhütungsmëttel net all Problemer aus der Welt schafen, mä datt d'Ursaache vun ongewollte Schwangerschaften vill méi komplex sinn, wéi mir mengen.

Dat virusgesat, wëllt ech dann op de Projet de loi agoen, dee jo bekanntlech um Projet de loi vun 2012 baséiert, wou awer, wuelbemierkt, Dank dem Justizminister Félix Braz, kruzial Korrektur virgeholl gi sinn. Et ass haut net de Moment, fir déi ganz Diskussioun vun 2012 nach eng Kéier opzewéckelen. Ech wëllt trotzdem d'Positioun vun deene Gréngen nach eng Kéier kuerz ervirsträichen.

Prinzipiell war déi gréng Fraktioun der Meenung, datt d'Gesetz vun 2012 e kloer Fortschritt géif bedeite par rapport zum Gesetz vun 1978. Et huet der Fra méi individuell Rech-





ter zougestanen an huet d'Schwangerschafts-ënnerbriechung net eleng ofhängeg gemaach vun enger Décisioun vum Dokter, mä awer och vum Wëllen a vun der Situatioun vun der Fra. Dat war wierklech e Schrëtt a Richtung Fristeléisung, e Modell, dee säit Jorzéngte vu fortschrëttleche Fraenorganisatiounen an och vu politesche Stréimunge gefuerdert ginn ass.

Mä leider war dee Schrëtt ze vill bescheiden. Déi eng hu vun enger Fristeléisung „light“ geschwat, déi aner vun engem Indikationsmodell, esou wéi et en ëmmer ginn ass. Fir d'Riednerin vun der DP, d'Madame Polfer, war et eng Wischiwaschi-Duerstellung, wéi si dat genannt huet, a fir meng gréng Kolleegin Viviane Loschetter war et e faule Kompromëss, deem zustane koom, fir de Fridden an der CSV/LSAP-Koalitioun ze retten.

De sprangende Punkt louch, Dir wësst et, beim obligatoresche Passage vun der schwangerer Fra an engem Informatiouns- a Berodungszenter, deem agrééiert war, wou si forcéiert sollt ginn, hir psychosozial Situatioun op den Dësch ze leeën. Als Gréng konnte mir domat net d'accord sinn. Mir waren net averstane mat där Dispositioun, well mir säit jeehier derfir antrieden, datt all Fra bis zu engem vertriebbaren Délai en ongehënnerten a medezinesch gutt encadréierten Zougang zur IVG muss kréien.

Et ass fir eis normal, datt all schwanger Fra, déi Hëllef a Berodung wëllt, déi Hëllef a Berodung och muss kréien. Dat zielt net nëmme fir déi éischt dräi Méint vun der Schwangerschaft. Dat zielt fir déi ganz Schwangerschaft an dat zielt nach laang doriwwer eraus! Fir eis ass et awer net normal, datt eng Fra sech enger Berodung muss ënnerzéien, wa si op feste Féiss steet an aus ganz perséinlechen Ursaache wëllt ofdreiwen. Esou eng Fra ass hiren eegene Beroder, ganz am Sënn vun der Selbstbestëmmung.

Léif Kolleginnen a Kolleegen, ech kéim zum zweete Volet. Dat ass och e prinzipielle Punkt fir eis, e betrëfft d'Sträichung vun den Artikelen 350, 351, 353 an 353-1 aus dem Code pénal. Am 21. Jorhonnert ass et an eisen Aen net vertretbar, datt den Avortement, wéi am Mëttelalter, d'office vum éischten Dag u mat engem kriminellen Akt a Verbindung bruecht gëtt. Ech mengen, Dir wësst net, wat dat heescht, Här Gloden. Fir eng Fra ass dat eng Diskriminatioun!

Eis geet et ëm d'Gesondheet vun der Fra an ëm hiert Recht op eng gutt medezinesch Prise en charge an alle Situatiounen vum Liewen, och an der Situatioun vun enger ongewollter Schwangerschaft. Eis geet et virun allem drëms, dass et net esou wäit muss kommen, well all ongewollte Schwangerschaft en Drama ass, oft eleng fir d'Fra, mä och oft fir déi zwee. Meeschtens ass d'Fra méi geplot wéi de Mann, deem oft weess, wéi e sech aus der Affär zitt.

Domat kéim ech zu de Recommandatiounen, déi vun der Gesondheetskommissioun a vun der Justizkommissioun ausgeschafft gi sinn, fir d'Applikatioun vum Gesetz duerno da kënnen ze begleeten. Mir waren eis parteiwwergräifend eens, datt d'Contraceptioun an d'Oplklärung am Mëttelpunkt musse stoe vun enger moderner Familjen-, Educatiouns- a Gesondheetspolitik. Dat ass eng transversal Zesummenaarbecht, déi mer do verlaangen, an déi och en place ass. D'Education sexuelle et affective ass déi éischt Konditioun, fir ongewollt Schwangerschaften ze verhënneren a fir d'Zuel vun den Ofdreiwungen op e Minimum ze reduzéieren. Dat ass d'Zil vun eis all. Datselwecht zielt fir d'Contraceptioun.

Dir Dammen an Dir Hären, Budgetsrigueur hin oder hier, mir sinn der Meinung, datt hei déi falsch Plaz ass, fir ze spueren. Eng sécher Verhütung därerf keng Fro vu Geld sinn, well se deen eenzege Moya ass, fir dramatesch Situatiounen, bedéngt duerch ongewollte Schwangerschaften, ze verhënneren. Grad hei op dësem Gebitt gesi mir e groussen Handlungsbedarf a mengen, datt et dem aktuelle System, datt et deem nach u Kohärenz a Konsequenz feelt, obschonn an der Lescht schoonn eng ganz Rei Efforten an deem Beräich gemaach gi sinn.

Jiddweree vun eis weess, datt mat der massiver Kommerzialiséierung vun der Antibabypëll an de 70er Joren eng ganz Rei aner Verhütungsmëttel op de Maart komm sinn. Se sinn entwéckelt ginn a se sinn do. Dës Mëttelen, wéi beispillsweis de Stérilet oder den Implant, si gradesou zouverlässeg wéi d'Pëll, mä vill manner schiedlech an net onbedéngt méi deier. Während d'Virmachtstellung vun der Antibabypëll schoonn eleng duerch de Remboursement promouvéiert gëtt bis 26 Joer, kommen déi aner Mëttelen an eisen Aen net genuch zur Geltung.

De Problem läit hei net beim generell feelende Remboursement - net eleng - vu sämtlechen anere Verhütungsmethoden inklusiv der Sterilisatioun, déi onverständlecherweis jo nëmmen a ganz gewëssenen Ausnahmesituatiounen rem-

bourséiert gëtt. Ech mengen, do besteet e klengt Ännerungsbedierfnis.

De Problem läit och bei der mangelhafter Informatioun vun de Leit, vun de Männer a vun de Fraen. Eng Ëmfro, déi an Eisträich gemaach ginn ass bei iwwer 7.000 Fraen a Männer - se ass am eisträichesche Schwangerschaftsreport opgefouert a publizéiert -, huet kloer erginn, datt wäit iwwert d'Halschent vun de Fraen a Männer net genuch oder carrément falsch informéiert sinn iwwert d'Verhütungsmëttel an dann natierlech aus alle Wolleke falen, wann d'Fra schwanger ass.

Fir Verantwortung kënnen ze iwwerhuelen, musse souwuel d'Frae wéi och d'Männer dat néidegt Basiswësse mat op de Wee kréien, an dat kréie se net eréischt mat 50 Joer.

Domat kommen ech bei déi Jonk, wou ganz vill Aarbecht muss geleescht ginn, ebe just bei der Education sexuelle et affective a bei der Oplklärung, als Schlëssel zu engem verantwortlechen Ëmgang mateneen a mat der Sexualitéit.

D'formaliséiert Schoulprogrammer sinn dat eent. Meeschtens si se a Stee gemeesselt a lafen iwwerall nom selwechte Schema of. Mir froen eis, ob dat nach zäitgeméis ass. Et ginn der genuch, mä mer mierken, datt se net deem néidegen Impakt an eiser Schoul hunn.

Sécher ass et wichteg, datt d'Personal hei eng gutt Formatioun huet, dat stelle mer net a Fro. Mir gesinn awer méi Potenzial an der méi informeller an interaktiver, participativer Bildung, dëst am Kader ebe just vun de Maisons relais a vu gesellschaftlechen Institutiounen wéi zum Beispill de Jugendhaiser, de Veräiner, de Jugendorganisatiounen an, firwat net, och iwwer Internetplattformen oder de sozialen Netzwerker, natierlech ënnert der Konditioun, datt d'Qualitéit vun der Informatioun stëmmt.

Projete wéi déi, déi mer an de Schoule kennen, „Gender for kids“, déi och an de Maison-relais duerchgefouert ginn, leider nach ëmmer belächelt vun eenzelne Säiten, oder d'Broschür „Jonker stäerken, Jonker schützen“, déi d'lescht Woch publizéiert ginn ass an online gesat ginn ass - et ass eng Produktioun vum Service national de la Jeunesse mat ganz villen Akteuren am Boot -, déi sinn äusserst luewenswäert.

Mir begreifen och, datt dës Aarbecht nach net fäerdeg ass an datt den SNJ sech dozou engagéiert huet, d'Sexualitéit weider ze verdéiwen a senger Aarbecht an en Opruff gemaach huet u sämtlech Awunner an Awunnerinnen aus dem Land, fir sech dorun ze bedeelegen, wa se sech dozou beruff fillen.

An dee Kontext gehéiert och d'Kultur, déi nach net erwähnt ginn ass. Am éducativen, am gesellschaftspoliteschen an awer och am gesondheetleche Beräich oder och an der Sexualerzéiung kann d'Kultur eng ganz grouss Roll spillen, well et hei ëm d'Oplklärung geet, ëm Meinungsbildung an ëm géigesäitegt Verständnis.

Esou denken ech zum Beispill un d'Stéck „La Vortement“ vum italiensch-kalabreschen Auteur Saverio La Ruina, wat de kierperleche Leidenswee an awer och de psychesche Calvaire vun enger Fra beschreift, déi a Kalabrien leeft an déi hirer mëttlerweil aachter Schwangerschaft en Enn wëllt setzen. Mat der Ënnerstëtzung vum Planning familial, vum CID-Femmes a vum Conseil national des Femmes huet déi Lëtzeburger Actrice Christiane Rausch dësen impressionnante Monolog net nëmmen am Théâtre du Centaure opgefouert, si huet den Text och an e puer Gemenge vum Land ervirbruecht an awer och, an dat muss een haart soen, a fënnf Lycéeën aus eise Land.

Mir sinn der Meinung, datt esou Projete ganz wäertvoll an effikass sinn, well se déi ofgetrëppelt Pied vun der Sexualerzéiung verlossen an nei Pisten erschléissen. Woubäi muss hei bei dësem Projet gesot ginn, datt d'Responsabel vum Planning familial mat an d'Lycéeën gaange sinn an ebe just nodeems d'Stéck eriwuer war mat deene Jonken a Kontakt koumen op eng informell Aart a Weis, wat net de schoulesche Stil soll bedeuten.

Léif Kolleginnen a Kolleegen, ech kéim zum Schluss an zréck bei d'Gesetz vun haut, wat ganz bestëmmt manner revolutionär ass wéi de Mariage pour tous, mä net manner wichteg.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng). - Dat ass jiddedalls d'Meenung vum Luc Caregari aus der Wochenzeitung „Wox“, deem huet dat am Summer geschriwwen. En huet och geschriwwen, datt dës Koalitioun a gesellschaftspolitesche Froe méi séier vum Fleck kënnt, wéi an anere Froen. Mä ech ginn awer dovun aus, datt och dee Journalist glécklech ass, datt mer dëst Gesetz haut stëmmen.

An deem Sënn si mir frou, datt wichteg Korrekturen dra sinn, datt Feeler behuewen an, besser gesot, begruewe ginn.

Villmools Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och der Madame Lorsché. Nächst Riednerin ass d'Madame Lydie Polfer fir d'DP.

► **Mme Lydie Polfer** (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, ech soe fir d'Alleréischt der Madame Rapportrice e grouse Merci souwuel fir hire schrëttleche wéi hire mëndleche Rapport, dee wierklech exzellant war, an och fir déi Manéier, wéi mer iwwert dëse Projet de loi konnten an der Kommissioun schwätzen. D'Präsenz vum Minister huet och dozou bäigedroen, an ech soen him dofir och e ganz grouse Merci.

Well dee Bericht eben esou ausféierlech war, wëll ech och net méi op den Detail vun deene Bestëmmungen agoen, se si scho belicht ginn, mä eben dat Ganzt nach eng Kéier an de Kontext setze vun deene Joren, vun deene verschiddene wichtegen Etappen, déi mer am Kader vun dem Avortement duerchgaange sinn.

Jo, de 26. November 1974, also bal genau viru 40 Joer, huet déi deemoleg Gesondheitsministeresch vu Frankräich, d'Simone Veil, op der Tribün vun der Assemblée nationale ee ganz couragéierte Plädoyer gehalen. Et war e Plädoyer fir d'Fräiheet an d'Dignitéit vun Dausende vu Fraen, déi sech an enger grousser Nout befont hunn. Et war e Plädoyer ganz einfach fir d'Recht vun der Fra, fir iwwert hiren eegene Kierper kënnen ze bestëmmen.

Véier Joer duerno, 1978, huet dunn och Lëtzebuerg ënnert där vum Gaston Thorn geféierter DP/LSAP-Regierung déi éischt Ouverture a Saache legale Schwangerschaftsabbruch zu Lëtzebuerg gemaach. Deemools war den Débat ee ganz anere wéi haut. En ass méi haart gefouert ginn an och mat Momenter ass et ganz perséinlech ofgerëscht.

Deen Débat vun haut fënn glécklecherweis, op d'mannst bis elo, ënner ganz würdegen Ëmstänn statt, woufir een och wierklech dankbar ka sinn. Wann een nämlech bedenkt, wat deemools d'Ausgangspositioun war, an et ass scho gesot ginn, datt zum Beispill bis 1975 et verbuede war, Publicitéit fir Contraceptionsmëttelen ze maachen, da muss ee soen, datt 1978 schonn e grouse Schrëtt a Richtung Selbstbestimmungsrecht vun der Fra gemaach ginn ass. An, an dat huet de Parquet eis jo och an der Kommissioun gesot, zënterhier ass och ni méi weder eng Fra nach en Dokter an dëser Matière belaangt ginn, geschweige da condemnéiert.

Virun zwee Joer, wéi mer fir d'lescht hei an der Chamber iwwert den Avortement geschwat hunn, hunn ech gesot, datt d'Welt tëschent 1978 an 2012 geännert huet an datt et och gutt ass, datt eng Reform kënnt. Jo, dat, wat de Minister Biltgen viru véier Joer proposéiert huet, dat war eng Reform. Mä leider war an där Reform net alles gutt. Ech kommen nach drop zréck.

Et fret mech, datt mer elo endlech, véier Joer also nodeem de Minister Biltgen hei säin Text proposéiert hat, mat dësem Gesetz déi Punkte kënnen verbessern, wou mir op alle Fall als Demokratesch Partei vun Ufank un drop higewisen hunn, datt et fir ons net akzeptabel wier an datt mer do missten drop zréckkommen.

Deen deemolege Partner vun der CSV an der Regierung, d'LSAP, huet wahrscheinlech mat sengem Häerz dat och esou gesinn, mä mir wëssen, an den Här Bodry huet et virduen och ganz kloer gesot, et war dee Moment leider net méiglech, eben déi Ongereimtheeten oder déi carrément Verschlechterungen duerch déi op anere Punkte gutt Reform, fir déi ze behiewen. Mä, wéi gesot, elo si mer esou wäit an dat ass och ganz gutt esou.

Ëm wéi eng Verschlechterung huet et sech gehandelt, déi duerch déi Reform an deem Gesetz virun zwee Joer erakomm ass?

Et huet sech gehandelt ëm déi zweet obligatoresch Consultatioun. An ech hunn et deemools gesot an ech kann et haut genau mat deenen nämlechte Wieder nach eng Kéier soen: Et wor an et ass eng Zoomuddung fir eng Fra, déi an enger sensibeler Situatioun ass, an enger Noutsituatioun ass, obligéiert ze ginn, bei e frieme Mënsch ze goen, dee se net erausgesicht huet, dee se net kennt, fir deem ze erklären, wat mat hirem Kierper, mat hire Gefiller lass ass. Erwuesen a responsabel Frae si wéi Mannerjäreger behandelt ginn.

Dat wor eng onméiglech, eng inakzeptabel Situatioun, an et ass dofir héich Zäit ginn, déi betraffe Frae mat dësem Projet de loi, esou wéi mer en elo virleien hunn, ze behandelen, wéi si dat verdéngt hunn, dat heescht, als responsabel Fraen, déi selwer decidéieren, ob se Hëllef brauchen oder net, an, wa se Hëllef brauchen, wou se se siche ginn.

Gewëss, an ech fügen dat derbäi, all Choix ass eng Décisioun. A mir alleguerte kënnen ons an

engem Choix och iren! Mä dat ass awer nach ëmmer besser wéi déi Bevormundung, déi d'Frae während Jorzéngten, jo Jorhonnerten hu missen akzeptéieren. A wann ee bedenkt, datt bis an d'70er Joren eng bestuete Fra net konnt e Kont op enger Bank opmaachen, net konnt e Beruff ergräifen, ouni den Accord vun hirem Mann, da wësst Der, wat ech domat mengen. Et ass Zäit ginn, datt dat och an dësem Punkt ophéiert.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Lydie Polfer** (DP). - A gewëss, an ech mengen, dat weess jiddwereen: Mir wëllen net, datt d'Zuel vun den Ofdreiwungen zouhëlt, an dat wäert och mat dëse Mesurë ganz besonnesch net geschéien. Mir wëlle just de Fraen, déi an enger Noutsituatioun sinn, erlaben, op eng gesond a legal Aart a Weis aus dëser Situatioun erauszekommen, ouni bevirmondegt ze ginn.

Ech wëll am Kontext vun där zweeter obligatorescher Consultatioun och u mäin Amendement vun deemools erënneren, deem ech zesumme mat der Madame Loschetter déposéiert hat. Den Här Bodry hat diskret drop higewisen. D'Madame Loschetter an ech selwer, mir haben eben deen Amendement gemaach, fir deen obligatoresche Charakter vun där Consultatioun ewechzehuelen. Mä, wéi gesot, mir wëssen, wat domat geschitt ass.

Och déi proposéiert Fristeregelung begréisst d'Demokratesch Partei ausdrécklech. Virun zwee Joer ware mer eis heibannen net ganz eens, ob d'Gesetz Biltgen dann elo eng Fristeléisung oder eng Indikationsléisung oder eng Fristeléisung „light“, wéi et och vu Verschiddene genannt ginn ass, wier. D'Madame Lorsché huet drun erënnert, datt ech dee Moment vun „Wischiwaschi“ geschwat hat; dat kann ech och haut nach eng Kéier widerhuelen.

Op alle Fall, deen heitege Projet, dee mer haut hei virleien hunn, ass an deem Sënn ganz kloer a gëtt also eben och, ass e richtege Schrëtt an d'Richtung vu méi Sécurité juridique an domat einfach méi Sécherheet fir déi betraffe Fraen.

D'IVG huet endlech hire Wee och aus dem Code pénal fonnt. Mir halen also endlech op, d'Fraen ze stigmatiséieren an ze culpabiliséieren, a fänken un, endlech effikass op d'Problemer vun deene Fraen anzegoen. Mir setzen de Schwangerschaftsabbruch also endlech an dee Kontext, an deen e gehéiert, nämlech an de Kontext vun der Gesondheet.

Dës deelweis Entkriminaliséierung - deelweis, well wann ee sech net un déi Dispositiounen hält, déi eben hei virgesi sinn, da bleift en natierlech nach penal strofbar -, mä dës deelweis Entkriminaliséierung ass e richtege Schrëtt fir all déi, déi jorelaang fir d'Rechter vun den emanzipéierte Frae gekämpft hunn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Lydie Polfer** (DP). - Ech hunn et scho gesot an ech soen et och nach eng Kéier: All dës Neierunge wäerten net zu méi Ofdreiwunge féieren, well et ass falsch, ze mengen, datt restriktiv Regeln an engem Code pénal betraffe Fraen dovun géifen ofhalen, de Wee ze fannen, hirer Schwangerschaft en Enn ze maachen, entweder am In- oder am Ausland. An d'Zuelen, déi mer hunn, beleen dat jo och alleguer.

Et därerf awer net d'Zil vun eiser Legislatioun sinn, d'Fraen an d'Illegalitéit, an d'Strofbarkeet an a gesondheitsgefährdend Situatiounen ze bréngen. Situatiounen, déi déi betraffe Fraen nëmme weider belascchten, souwuel mental wéi eben och kierperlech.

Wann een d'Ofdreiwungszele wëllt erofkréien, hëllef keng Zwangsberodungen oder restriktiv Regeln. Mir brauchen endlech, an et ass virdu ganz am Detail drop agaange ginn, eng besser Preventiounsarbeit, fir d'Zuel vun ongewollte Schwangerschaften ze verréngern, a méi e kannerfrëndleche Klima. An deen éischten an dee schéinste Cadeau, deen een engem Kand ka maachen, jo, deen een engem Kand misst maachen, ass jo, datt et als gewënschte Kand op d'Welt kënnt.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Lydie Polfer** (DP). - An da wëll ech och nach all deene Leit, déi behaupten, duerch d'Ofschaffung vun dem Kritär vun der Détresse géif de Schwangerschaftsabbruch banaliséiert ginn, Folgendes soen: Keng Fra decidéiert einfach esou, hir Schwangerschaft ofzebriechen. Dat ass eng extrem schwéier Décisioun, déi ee kengem wënscht missen eng Kéier ze huelen. D'Madame Loschetter huet virduen dee schéine Saz vun der Madame Veil zitéiert, an Dir hutt opgehalen, wéi Der gesot hutt, et misst ee just





op d'Frae lauschteren, fir ze wëssen, wéi et enger Fra ass.

A wann ech mer dierft erlaben, duerno huet se nach ee Saz gesot, an dee war no deem „écouter les femmes“, an duerno: «C'est toujours un drame personnel.» An dat ass et ganz sécher. An all Fra, déi déi Décisioun muss huelen, befénnt sech an enger „situation de détresse“, egal wéi mir dat nennen oder wéi mir dat definéieren. Et brauch keen ze mengen, datt et eng banal Entschéedung vun enger Fra wier, hiert Kand net op d'Welt ze bréngen. A wien dat behaupt, dee féiert ganz einfach en Discours laanscht d'Realitéit.

Mam Vote vun dësem Projet si mir um Enn vun engem laangen an haarde Wee ukomm. Et ass dee Wee a Richtung vun engem echte Selbstbestimmungsrecht vun de Fraen iwwert hire Kierper, e Wee a Richtung vun emanzipéierte Fraen, déi schonns ëmmer capabel waren, responsabel Décisiounen ze huelen, an dat elo och endlech dierfen, ouni sech selwer an hir Gesondheet a Gefor ze bréngen. E Wee a Richtung Enttabuiséierung vun engem Problem, deen heiansdo nun eemol nëmmen eng Léisung zouléist. An et ass e Wee a Richtung vu méi Fräiheet an awer och vu méi Verantwortung.

An deem Sënn ginn ech selbstverständlech den Accord vu menger Fraktioun, déi dësé Projet wierklech mat vill Iwwerzeegung wäert stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madame Polfer. Nächste Riedner ass den Här Roy Reding fir d'ADR.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen all menge Virriedner Merci, fir hire Standpunkt esou offen, kloer an, wéi sot d'Lydie Polfer, mat Dignitéit duergeluecht ze hunn. Ech hoffen datselwecht ze maachen.

D'Lydie Polfer huet ganz besonnesch recht, wann et uprangert, datt d'Fraen ënner Tutelle stoungen. Jo, dat ass net justifiabel. Et ass aus heiteger Siicht komplett irrsënneg, datt eng Fra, wa se sech bestuet huet, op eemol d'Ennerschrëft vun hirem Mann gebraucht huet, fir dierfen hire Kont ze hunn, op dee se hir Pai krut.

Mä hei geet et net nëmmen dodrëm. Hei geet et och ëm e Papp an och ëm e Kand!

Fir d'Zweet a kuerzer Zäit presentéiert d'Regierungsmajoritéit hei e Projet, dee fir eis als ADR ganz einfach inakzeptabel ass, an enger gesellschaftspolitescher Fro. Dat kléngt esou harmlos: eng „gesellschaftspolitesch Fro“. Mä a Wierklechkeet geet et hei ëm Liewen oder Net-liewen, ëm Liewen an Doud, ëm d'Recht op an de Respekt virum Liewen!

Ech muss lech soen, ech perséinlech si frou, net ofgedriwwe ginn ze sinn. Reliéis Iwwerleeunge spillen hei eng rosekleng Roll. Villméi de Respekt virum Liewen, virum Wonner vum Liewen.

De Fakt ass, de biologesche Fakt - an dat kann all Agnostiker an all Humanist, mengen ech, ënnerschreiwën -: Mam Verschmelze vun enger Ee- an enger Somzell fänkt d'Liewensgeschicht vun all Mënsch un. En eemolege Mënsch, en eenzegaartege Mënsch, deem säi Geschlecht, seng Hoer, seng Aefuerf, jo souguer seng spéider Gréisst, säi Charakter, seng Begabungen a grouse Linne festgeluecht sinn.

Dësé Mënsch ass et ni virdru ginn an dësé Mënsch gëtt et ni méi duerno! En ass ganz einfach eenzegaartege, eemoleg an eppes Besonnesches. An all déi vun eis, déi Kanner hunn, wëssen, vu wat datt ech schwätzen.

Ech denke perséinlech, datt zukünfteg Generatiounen iergendwann eng Kéier mat Verwonnerung, Onverständnes, jo vläicht souguer mat Horror op eis Gesellschaft vum 21. Jorhonnert zréckkucken an eis Positioun zum Liewen. Si soe wahrscheinlech: „Stellt iech emol vir, déi Barbaren hunn deemools d'Ofdriewung zouge-looss!“ Genausou wéi mir haut fannen, datt et barbaresch war virun Honnerte vu Joren, fir Fraen als Hexen ze verbrennen.

Fakt ass: Dat heite Gesetz banaliséiert d'Ofdriewung! Ech géif mer wënschen, datt mer hei als Parlamentarier en anere Message géife ginn: ee vu Respekt virum Liewen! Een, deen d'Mammen encouragéiert, hiert Kand ze kréien, him eng Chance ze ginn, dierfen ze liewen!

Ech sinn iwwerzeegt, datt mir als Deputéierten eng wichteg Roll spillen an eiser Gesellschaft, net nëmmen als Législateur, mä och als eng

moralesch Instanz, als Impulsgeber fir Eckwäerter, no deenen eis Gesellschaft sech soll a kann orientéieren. Wéi sollen dann d'Bierger, speziell jonker, d'Ofdriewung als eppes zumindest Hanerfroenswäertes empfangen, wa mir hei d'Signal ginn, et wier eppes Normales, Banales, eng Léisung fir e klenge Problem?

Neen, mir sollten hei e Gesetz diskutéieren, wéi mer méiglechst vill schwanger Frae vun deem leschten, schwéiersten, schlëmmste Schratt, der Ofdriewung vun hirem Kand, kéinten ofhalen. Wéi mer kéinten hëllefen, datt keng Fra duerch eng Schwangerschaft an Nout geréit. Wéi mer d'Pappen ouni vill Gedeessesems virun hir Responsabilitéit kéinte stellen.

Mir sollten d'Liewe schützen, amplatz ze maachen, wéi wann et net dat Allerwichtigst op dëser Welt wier.

Mir sollten hei éierlech an offen och driwwer diskutéieren, firwat et iwwerhaupt an der heiteger Zäit nach kann zu esou villen ongewollte Schwangerschaften kommen.

Gëschter war Weltaidsdag, a mir hunn héieren, datt d'Neinfizierungen nees zouhuelen. 80 Fäll hei zu Lëtzebuerg! 3.000 an Däitschland! Wéi ass dat méiglech? Läit et um héije Präis vun de Kondomern?

Eng Antibabypëll hëlleft net virun Aids, mä awer géint ongewollte Schwangerschaften. Mir hunn héieren, bis 25 Joer ass se gratis. Klammer op: Firwat net fir Fraen, déi bestuet sinn, an enger fester Partnerschaft, an déi wierklech wëlle Familljeplanung maachen? Just well se iwwer 25 sinn? Emgedréit géif ech et méi logesch fannen.

Also, wéi ass et méiglech, datt mir hei am Land ronn 1.140 Ofdriewungen d'Joer hunn? Dräi den Dag?! Lauter geplätzte Gummien?! Lauter Panne beim Anhuele vun der Pëll?! Do kléngt et fir mech wéi Spott, wann den Här Bodry seet: „Ofdriewung ass keen Ersatz fir Verhiddung.“

Jo, et kann Indikatiounen ginn, bei deenen eng Ofdriewung kéint justifizéierbar sinn. Mä insgesamt gëtt et fir mech schlussendlech ganz wéineng rationell Grënn, déi dësé grave Schrëtt logesch rechtfertegen. Gott sei Dank steet hei am Land kee virum Ruin, virum materieller Ruin, just well en e Kand kritt. Och d'gesellschaftlech Uechtung, dat war e Problem fir onbestuete Mammen. Mä dat ass dach haut keen Thema méi! Et gëtt och wuel kaum nach Familljen, déi hir Duechter géife virun d'Dier setzen a verstoussen, well se op eemol schwanger wier.

Neen, weder sozial nach materiell Ursache kënnen hei am Land ausschlaggebend sinn, a wa se dat wieren, da wier dat traureg fir eis Gesellschaft!

Mir müssen also en anere Message ginn an zu méi Verantwortungsbewusstsein opruffen. Ech soe mengem Bouf a mengen dräi Meedercher: „Wann der grouss an al genuch sidd, fir Kanner ze maachen, da sidd der och grouss an al genuch, fir déi Kanner ze kréien. Dobäi hëllefe mir iech, är Famill, an och d'Gesellschaft hëlleft, mengen ech, materiell, finanziell a moralesch.“

Dat wier dee Message, deen ech hei géif wëllen héieren, amplatz eng Banalisatioun vun engem - do si mer eis jo all eens - fir d'Fra och dramateschen an traumateschen Agrëff.

Kommt, mir akzeptéieren dës einfach Wourecht vun der Natur: All Mënsch huet e Recht ze liewen! Deen eemol konzipéierte Mënsch, wann net vu baussen agegraff gëtt oder medezinesch Probleemer optrieden, kënn op d'Welt. An dat ass säi gutt Recht. Ech si frou, net ofgedriwwe ginn ze sinn. An ech mengen, déi allermeeschte vun eis heibanne sinn dat. Verweigert Ärem Kand net dat Recht, ze liewen, wat Dir genësse konnt!

Aus all deene Grënn si mir als ADR fest iwwerzeegt, datt dat heite Gesetz falsch ass, falsch Signaler setzt a falsch Léisunge miroitéiert. Duerfir stëmmen mir geschlosse géint dëst Gesetz. Als eenzeg Partei an der Chamber. An dorobber sinn ech houfreg!

All schwanger Fra, déi mat sech réngt, soe mir: Mir si fir lech do! Mir an och exzellent Associatiounen wéi Pour la vie naissante. Mir hëllefen lech, lech fir d'Liewen ze entscheeden. Mir hëllefen lech an all Démarchen, fir finanziell, materiell a moralesch Hëllef ze kréien. Kritt Äert Kand! Dir wäert et ni bereien!

An ech weess, Här President, ech muss mech un d'Chamber wenden. Mä et gëtt dobaussen eng Fra, vun där ech weess, datt se ëmmer Chamber TV kuckt. Mammchen, ech weess, datt s du net mat allem d'accord bass, wat ech hei gesot hunn. Mä ech soen der eng Saach: „Ech si frou, net ofgedriwwe ginn ze sinn.“

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Nächste Riedner ass den Här Serge Urbany fir déi Lénk.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, nom Pater Reding hei kënnen d'Wuert ze ergräifen, vun dëser Kanzel aus.

(Hilarité)

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Mat dësem Gesetz kritt Lëtzebuerg endlech, wéll ech hei soen, eng richtig Fristeléisung. Während deenen zwielef éischte Joren (veuillez lire: zwielef éischte Wochen) vun der Schwangerschaft ass domat de fräiwëllegen, selbstbestëmmte Schwangerschaftsabbruch méiglech.

(Interruption et hilarité)

D'Fra kann en duerchféiere loosse, ouni dass d'Gesetz hir, wéi et elo nach de Fall ass, eng Situation de détresse ënnerstellt, déi se och nach muss confirméieren doduerch, dass se eng schrëfflech Deklaratioun eragëtt.

Dee Prinzip war 2012 agefouert ginn - et ass schonn hei gesot ginn -, zesumme mat där schrëfflecher Erklärung vun der Fra, wou se och nach dra muss erklären, dass se sech iwwer Alternativen zur IVG iwwert de Wee vun enger zweeter, obligatorescher Visite huet beléiere gelooss.

Dat ass „Fristeléisung“ genannt ginn, mä ech mengen awer, et war a Wierklechkeet en duerch an duerch heuchleresche Wee, op deem d'CSV deemools, ënnert dem Justizminister François Biltgen, gehalen huet an, wéi mer haut nach héieren, och haut nach hält! Symbolesch hu sech d'Fraen domat missen, mat där Erklärung, verneige virum dem kierchlechen a vu Männer festgeluechte Prinzip, dass et eigentlech eng Anormalitéit wier an et eigentlech och verwerflech wier, ausser et gëtt eng Situation de détresse spéciale, fir de Wee vun der IVG ze wielen.

Ech vergläichen e bëssen déi Bestëmmung, déi haut nach am Gesetz steet an déi Gott sei Dank elo erausgeholl gëtt, mat dem Gessler sengem Hutt. Dat war deen Hutt, virun deem de Wilhelm Tell, wéi mer aus der Literatur wëssen, sech huet misse verneigen, wou en awer refuséiert huet, sech ze verneigen. Ech mengen, dee Prinzip hei ass e bësse wéi dat. Et ass verlaangt gi vun de Fraen, dass se dee Prinzip, deen do erageschriwwen ginn ass an d'Gesetz, hu missen akzeptéieren.

Ech wëll derbäisoen, fir all Katholicken a fir all d'Chrëschte wéll ech soen, dat war net ëmmer esou! Am Corpus Iuris Canonici gouf et tëschent 1140 an 1869 eng Aart Fristeléisung, déi ënnerscheet huet tëschent dem „fetus inanimatus“ an dem „fetus animatus“, also dem onbeséilten an dem beséilte Fötus, no deenen éischte 40 Deeg. Wann et sech ëm eng Fra gehandelt huet, dann ass d'Séil eréischt no 60 Deeg komm.

► **Une voix.** - Ech weess et net.

(Interruptions et hilarité)

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Eréischt 1869 huet de Pius IX. den Dogma vun der Successivbeséilung, wéi dat deemools geheescht huet, gestrach. En huet awer gläichzäiteg den Dogma agefouert vun der päpstlecher Onfeelbarkeit.

Haut ass dat e bëssen anescht. Haut betruuecht, leider, d'kathoulesch Kierch d'Ofdriewung als en „verabscheuungswürdiges Verbrechen“, laut Zweete Vatikanesche Konzil an de 60er Joren. An hir radikaalst Unhänger schwätze souguer vu Massemord.

Den 22. November 2012 huet den honorabele Fernand Kartheiser hei der CSV beim IVG-Gesetz virgeworf, si wier keng chrëschtlech Partei méi, während dobaussen d'kathoulesch Fanatiker Dosende vu Kannerdoudelueden an engem obskurantisteschen, mëttelalterlechen Zeenario opgestallt hunn. Den Här Kartheiser huet dat freedeg begréisst, wourop zwee ADR-Deputéierten d'Fraktioun verlooss hunn, déi, si mer haut gewuer ginn, jo erëm vereenegt ass an hirer Meinung. Et feelt allerdéngs ee vun hinnen.

(Hilarité)

De François Biltgen huet deemools, zu Recht, de Gesetzesprojet mat sengem chrëschtlechen Engagement verteidegt. An en huet gesot: „Ech hunn net gär, wann een deem anere virwerft, e wier e schlechte Chrëscht. Déi Zäite si Gott sei Dank eriwuer.“, huet den Här Biltgen gesot. Ech hoffe just, Här President, dass déi Zäiten och fir d'Fraen an Zukunft wäerten eriwuer sinn.

D'Frae ginn heimat bei der IVG als selbstbestëmmte Persounen endlech unerkannt. An dat begrësse mer. En honnert Joer ale Kampf vun der Fraebewegung féiert haut zum Erfolg. An den Engagement vun deenen, déi dozou bäigedroen hunn, ass zu Recht hei gewürdegt ginn.

Mir stëmmen duerfir och fir dee Projet hei. 2012 hu mer nach dergéint gestëmmt. Mir begrëissen och, dass dës Koalitioun sech dem Versuch vum Statsrot widderst huet, dach nach eng schrëfflech Confirmatioun vun der Fra ze verlaangen, an och verlaangt huet, dass déi mannerjäreg Frae misste weiderhin ënner Drock gesat ginn, fir den Accord vun hiren Elteren ze kréien, wa se dat net wëllen. Mir mengen, dass mat deem heite Gesetz och d'Interesse vun de mannerjährege Frae genuch geschützt sinn.

Trotzdem menge mer, dass de Kampf ëm eng selbstbestëmmte Sexualitéit a Gebuertekontroll net eriwuer ass. Am Europaparlament konnt eng Majoritéit nach eng Resolutioun vun der Fraekommissioun verhenneren, déi e Recht op Schwangerschaftsabbruch an en obligatoresche Sexualunterrecht verlaangt huet. Et gouf eng Alternativmotioun ugeholl, déi betount huet, dass dat d'Saach vun de Länner ass.

Mir hunn och a Spuenien, viru Kuerzem nach, erlieft, wéi eng Fristeléisung vun enger konservativer Majoritéit kann erëm a Fro gestallt ginn. Zum Entsetzen iwwregens och vu kathoulesche Fraenorganisatiounen a vun den Dokteschorganisationsiounen, well hei sollte virun allem d'Doktere penaliséiert ginn. Dëst konnt just verhenneren ginn duerch eng massiv Mobiliséierung an der Strooss.

D'Doktere sinn iwwregens och d'Zilscheif vun Ugrëff an anere Länner vun de militante Pro-Life-Organisatiounen. Mir fäerten also, dass déi Rechter, déi mer haut aféieren, net fir all Zäite geséichert sinn, an dass mer alleguerte musse wuechsam bliwen.

Mir kritiséieren duerfir och zesumme mat verschiddene Fraenorganisatiounen, dass d'Penaliséierung vun enger IVG net komplett aus deem Text hei verschwénnt. D'CSV huet dat, zu Recht, ervirgehuewen. Gëtt d'IVG ausserhalb vun der Frist duerchgefouert, mécht d'Fra sech strofbar, am selwechte Mooss iwwregens wéi haut nach. A fir d'Dokteren ass Prisong virgesinn, ausser mir sinn am Kader vun enger Menace grave fir d'Gesondheet vu Fra a Kand.

Déi Strofen, muss een awer och derbäisoen, Här President, stinn awer net méi am Code pénal ënnert dem Kapitel „Des crimes et des délits contre l'ordre des familles et contre la moralité publique“, zesummen, wéi haut nach, mat Proxenetismus, Abandon de famille, Kannerentféierung, Mënschenhandel, Bigamie, Viol an Attentats à la pudeur. Eleng déi Bezeechnung „ordre des familles“ an „moralité publique“ beweist, dass et hei net ëm d'ungebuerent Liewe geet, mä dass et ëm gesellschaftlech Verhältnissen geet. An ëm Machtverhältnissen géintiwuer vun de Fraen.

Zum Schluss wëll ech all Bestriewungen ënnestützen, déi a Richtung fräiwëlleg Sexual..., frëizäiteg, pardon, Sexualopklärung an de Schoulen a gratis Bereetstellung vun de Verhütungsmëttel fir all Alter ginn. Well selbstverständlech ass och fir eis eng IVG e medezineschen Agrëff, dee Risike beinhalt an deen am beschte guer net sollt stattfannen, wann dat méiglech ass.

An et ass jo eigentlech opschlossräich, dass d'Géigner vun der IVG, ech schwätze vun de radikale Géigner, ëmmer och Géigner vun enger selbstbestëmmter oder dacks Géigner vun enger selbstbestëmmter Sexualopklärung a Verhütung sinn, well se d'Fra historesch ëmmer gesinn hunn an hirer reproduktiver an ënnergeuerdeter Roll a se och an déi Roll wollte bewusst drängen.

Net fir näischt war duerfir jo och déi fräiwëlleg Sterilisatioun, vun där mer haut schwätzen, laang strofbar. Émsou méi kritikabel allerdéngs fanne mer, a mir schlëssen eis do deene Kriticke vun deene Virriedner a -riednerinnen un, déi kritiséiert hunn, dass an de Statute vun der Caisse nationale de Santé zënter dem 12. Mee 2014 d'Intervention sur les trompes avec stérilisation nëmmen nach remboursable ass vun der Krankekeess, wa quasi de Risque vital engagéiert ass.

Hei ass wuel vläicht éischter de Spuerwëllen entscheedend an net de Wëllen, fir ze bestrofen. Obwuel, wann een dat déiweepschologesch géif ënnersichen emol... Mä falsch ass et trotzdem, wat do geschitt ass. Mir fuerderen duerfir d'Sozialpartner an d'Regierung an d'Organer vun der Sécurité sociale op, déi dote Bestëmmungen ze sträichen an d'Sterilisatioun erëm remboursable ze maachen, esou wéi dat ëmmer de Fall war.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Urbany. Nächst Riednerin ass d'Madame Françoise Hetto-Gasch fir d'CSV.

► **Mme Françoise Hetto-Gasch (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dë-





sen Dossier ass a bleift nach wie vor e ganz sensibelen an och e ganz delikaten Dossier. Den Här Gloden, deen huet jo elo d'ëneschters schonn déi verschidde juristesche Aspekter beleicht. Ech wäert dann a menger Interventioun nach op e puer wesentlech Punkten agoen, déi fir d'CSV awer ganz wichteg sinn.

Éischtens emol déi zweet obligatoresch Consultatioun.

Aus dëser obligatorescher Consultatioun gëtt jo elo eng fräiwëlleg Consultatioun. Abee, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll elo hei kee Plädoyer fir oder géint eng obligatoresch Consultatioun halen, mä ech wëll awer d'Daseinsberechtigung vu Motiounen hannerfroen. Sécher, net all Motioun, déi hei an dësem Haus ugeholl ginn ass, gouf och ëmmer ëmgësat a weider suivéiert. Mä net all Motioun behandelt awer och esou e sensibele gesellschaftspoliteschen Thema wéi deen heiten.

Ech kommen duerfir net derlaanscht, fir e puer Sätz ze zitieren aus där Motioun, déi beim Débat a beim Vote iwwert den Avortement 2012 eragereecht an och gestëmmt gouf. Sätz, déi e wichtegen Appell un d'Regierung duerstellen.

An dëser Motioun gouf d'Regierung invitéiert, derfir ze suergen, eng breet Informatiounscampagne iwwert d'Contraceptioun ze lancieren; derfir ze suergen, dass d'Services d'assistance psychosociale sech gemeinsam Regele géife ginn, fir de Fraen eng adequat Prise en charge ze garantieren; derfir ze suergen, dass d'Qualitéit an d'Neutralitéit vun den obligatoresche Consultatiounen iwwerwaacht ginn. An d'Regierung gouf mat dëser Motioun opgefuerdert, no dräi Joer, dat wier Enn 2015, eng Evaluatioun vun der Ëmsetzung vun den Dispositiounen vun deem neie Gesetz ze maachen.

Dës Motioun gouf eragereecht an ass ënnerschriwwen, ënner anerem, vun der heiteger Gesondheetsministesch a vum Här Bodry. Den Här Bodry sot deemools hei op der Tribün, an ech erlabe mer, Här Bodry, lech ze zitieren: „Ech mengen, dass et eng Responsabilitéit ass vun der Chamber, wann nei Texter kommen, notament Texter, wou d'Theorie oft eent ass an d'Praxis um Terrain eppes anescht ass, dass do wierklech gepréift gëtt, wéi déi nei Texter och gräfen, ob déi Zilsetzungen, déi ee sech ginn huet, ob déi och wierklech realiséiert ginn an ob och déi néideg Mëttelen eigentlech do sinn, fir déi Texter kënnen konkret (veuillez lire: korrekt) ëmzesetzen.“

E bësse méi wäit sot Der: „Da schéngt eis wichteg ze sinn, opgrond vun deem obligatoresche Charakter vun där Berodung - nach méi, wéi wann et nëmme e fakultative Charakter wär -, dass u sech d'Qualitéit an d'Wäerteneutralitéit vun där Berodung do am A behale ginn, dass d'Regierung eng Rei vu Virgabe gëtt an déi dote Richtung, dass natierlech um Terrain Kontrolle stattfannen, dass Qualitéit a Wäerteneutralitéit vun där Berodung do och wierklech stattfannen an net nëmme an den Texter oder an Absichtserklärungen drastinn.“

An dann: „Also spéitstens no dräi Joer gëtt vun der Regierung verlaangt, dass eng Evaluatioun gemaach gëtt vun der praktescher Ëmsetzung vun deem heite Gesetzestext an all senge Facetten. An dat ass net nëmme an internt Dokument fir d'Regierung, dat ass en Dokument, wat der Chamber muss virgeluecht ginn.“

Dofir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären: Wou ass dat Dokument? Wou ass dës Evaluatioun? Souguer den deemolege Gesondheetsminister, an ech mengen, Här Chambers-president, Dir stitt deem immens no, deen huet gesot: „D'Regierung ass der Meinung, dass déi Motioun ganz gutt ass a wär och ganz grou, wann d'Chamber se géif esou ënnerstëtzen.“ Ech stellen dofir just eng eenzeg Fro: Wisou gouf dës Evaluatioun net gemaach, eier d'Gesetz ëmgeännert ginn ass?

Dir Dammen an Dir Hären, mä och ouni Motioun wann et nëmme normal, et dierft am Fong geholl guer net anescht sinn, dass een, eier een e Gesetz ëmännert, fir d'Éischt emol analyséiert, wat gutt a wat manner gutt an deem bestehenden Text funktionéiert. Esou eng Evaluatioun hätt de Virdeel, dass een, wann een iwwer eng zweet Consultatioun wëll diskutieren, dat en pleine connaissance de cause kéint maachen. Vlächtt hätt sech erginn, dass d'Consultatioun näischt bréngt. Dat géif verschidde Leit an hirem Vote bestärken. A wa se positiv ausgefall wier, dann hätt een Argumenter, fir se bäizebehalen.

An der Belsch, do mussen d'Fraen, déi wëllen avortieren, och un engem psychosoziale Gespréich deelhuefen an da sechs Deeg ofwaarden, eier se kënnen eng IVG maache loosse. Och an der Belsch gouf sech d'Fro gestallt, ob dës Consultatioun dann eng Plus-value géif duerstellen.

Doropshin huet d'Universitéit vu Gand eng Etüd bei 971 Fraen duerghefouert, fir hiert

Gefill a fir hir Aschätzung par rapport zu dësem Gespréich ze kréien. All Zenter, wou IVGe praktizéiert ginn an der Belsch, krut déi Questionnairen an déi sinn dann duerno un déi Frae weiderverdeelt ginn, déi wollten ofdreiwen.

An d'Äntwerte weisen, dass d'Frae sech virum Gespréich gestresst gefillt hunn, am Zweifel waren an anerersäits awer och décidéiert waren, fir ze avortieren. Nom Entretien hu se sech rassuréiert a besser gefillt. Meeschtens souguer gouf hir Détermination renforcéiert, well se sech konnte mat Professionellen austauschen, all hir Froe beschwätzen an Alternativen ausdiskutieren, fir dann en pleine connaissance de cause hir Décisioun ze huelen. D'Konklusioun vun der Uni Gand: Dëst Gespréich am Virfeld vum Avortement mat Professionelle gouf als positiv Measure vun de Frae bewäert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dofir nach emol meng Fro: Wisou gouf dës Evaluatioun, déi an der Motioun ganz kloer gefuerdert ginn ass, net gemaach? Mir verstinn net, dass ee bereet ass, eppes ze änneren, ouni ze wësse firwat. Well ouni Evaluatioun kann een net wëssen, ob dës Consultatioun bis dato eppes bruecht huet oder net.

Zweete Punkt. Fir dass et zu enger Schwangerschaft kënn, muss ee jo zu zwee sinn. Hei ass déi Persoun, déi jo awer maßgeblech d'Schwangerschaft erbäiféiert, an dësem Gesetz emol net ernimmt. E schéngt weder Recht nach Flichten nach iergendeng Responsabilitéit ze hunn! Et gëtt en net, de Mann! A genee dorunner stoussen ech mech als fréier Chancëgläichheets-, Gläichstellungsministesch.

Dobäi géif ech et als selbstverständlech emfannen, wann de Mann präsent wier bei der Consultatioun oder souguer seng Partnerin bei der IVG géif begleeden an ënnerstëtzen, wann hien da seng Responsabilitéit a senger sexueller an affektiver Relatioun géif iwwerhuelen, souwuel wat d'Preventioun vun de Krankheeten ugeet wéi awer och an der Décisioun, jo oder neen zu engem Kand ze soen.

Drëtte Punkt. Ech vermëssen, grad wéi och de Planning familial an d'Commission consultative des droits de l'Homme, dass e seriöst Wuert iwwert d'Preventioun an dësem Gesetz steet. Dëst Gesetz dréit enger Resolutioun vun der Assemblée parlementaire vum Conseil de l'Europe vum 16. Abrëll 2008 Rechnung, wou ganz besonnesch Wäert op „éducation sexuelle et relationnelle obligatoire pour les jeunes, adaptée à leur âge et leur sexe“ geluecht gëtt. Eng adequat Sexualerzéiung géif sécher och verhënnern, dass et esou dacks misst zu Schwangerschaftsabbréch kommen.

Ech fannen et net normal, dass am Joer 2014, wou een hei zu Lëtzebuerg d'Pëll gratis kritt, wou ee jo awer misst - an ech betounen „misst“ - opgekläert sinn iwwer méiglech Preventiounsmesuren, dass esou vill Frae mussen eng Schwangerschaft ofbriechen, well se net gewollt war! Et gëtt bestëmmt Fäll, wou et mat der Contraceptioun net geklappt huet an et doduerch zu enger ongewollter Schwangerschaft kënn. Mä méiglecherweis awer och, well d'Responsabilitéitsgefill heiansdo net ganz staark ausgeprägt ass. Dowéinst soll ee sech emol iwwerleeën, ob et net sënnavoll wier, fir verstärkt an d'Contraceptioun en général ze investieren, och an de Remboursement, sou dass et net misst zu IVGe kommen.

E Schwangerschaftsabbruch soll d'Exceptioun bleiwen!

Dofir zum Schluss e waarmen Appell un d'Regierung, fir verstärkt op Opklärung ze setzen, d'Léierpersonal an dëser Hisiicht och ze formieren an donieft e Suivi vum Plan d'action vun 2013 ze garantieren.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madame Hetto-Gaasch. Nächst Riederin ass d'Taina Bofferding.

► **Mme Taina Bofferding (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, endlech kritt och Lëtzebuerg en Ofdreiwungsgesetz, dat op Entschëdungsfräiheet an op der Entkriminaliséierung baséiert. Esou wéi all Mënsch d'Recht huet, selwer ze bestëmmen, wat mat sengem Kierper passéiert, soll och an Zukunft eng Fra, déi schwanger ass, decidieren dierfen, ob si d'Schwangerschaft ofbrécht oder net. Si eleng huet d'Recht iwwer hirt Liewen, hir Liewensplanung an och iwwer hire Kierper ze bestëmmen!

Esou wéi de Planning familial, den Nationale Fraerot, CID-Femmes a weider Fraebewegungen, et schonns laang fuerderen, a wéi och déi fréier LSAP-Deputéiert Lydie Err et an hirer Proposition de loi virgesinn hat, gëtt dem Selbstbestimmungsrecht vun de Fraen endlech Rechnung gedroen. D'Fraen dierfen an Zukunft, opgrond vun der Fristelëiung, innerhalb vun den éischten zwielef Schwanger-

schaftswochen eng IVG duerchféiere loosse, ouni sech mussen dofir ze rechtfärdegen.

Et ass ze begreifen, dass d'Regierung an dësem Projet de loi e Progrès am Beräich vun de Fraerechter ustriift. D'IVG gëtt aus dem Code pénal erausgeholl, wat 2012 bei der Reform mat den deemolege Majoritéitsverhältnisse net méiglech war. Wéi vill Fraen deemools war och ech vun deem Kompromëss op der Bevormundung, also op Käschte vun de bevormundete Fraen, u sech enttäuscht an hu Petitiounen ënnerschriwwen an u Protestpiqueten deelgeholl. An dofir sinn ech frou driwwer, dass haut meng Partei, d'LSAP, endlech hir Revendicatioun ganz kann ëmsetzen. An et ass mer eng Eier, dierfen haut fir dat fortschrittlecht Gesetz ze stëmmen.

Ech muss awer och soen, dass ech als jonk Fra frou driwwer sinn, dass mer haut net méi driwwer diskutieren, ob vum Législateur iwwerhaapt virgesi soll ginn, ob eng Fra dierf dësen Agrëff, also ob d'Fra d'Recht op dësen Agrëff huet. Ech selwer stelle mer déi Zäite schrecklech vir, wou betraffe Frae mat kengem konnten driwwer schwätzen, mä e schlecht Gewësse gemaach kritt hunn, esou nom Motto: „Selwer schold. Du häss besser sollen oppassen, da wiers de elo net an deem Misär.“

Laang genuch hu Frae virgeworf kritt, si hätte keng Moral, géifen aus purem Egoismus ofdreiwen a sinn als Mäerderinne vernannt ginn. An emol net un dat Leed vun deene Fraen ze denken, déi zum Beispill duerch e Viol schwanger gi sinn a keen Accès zu engem Ofbroch haten oder carrément zur Mammeschaft gezwonge goufen!

Domadder wëll ech soen, dass et gutt ass, dass mir vun dësem fraefeindlechen, konservativen a klerikalen Denken ewech sinn an d'Fro vum Schwangerschaftsabbruch künfteg an der Perspektiv vun der Santé publique behandelt gëtt. Et ass och gutt, dass déi medikamentös wéi och déi chirurgesch Interventioun vun der CNS rembourséiert ginn. An et ass och gutt, dass déi zweet Consultatioun net méi obligatoresch, mä fakultativ offéiert gëtt, fir dass déi Concernéiert fräiwëlleg op eng psychosozial Berodung zrëckgräife kënnen, déi neutral muss sinn a wou d'Fraen net jugéiert ginn, mä informéiert an an hiren Décisiounen begleet.

Och wa Politiker heibannen un der zweeter obligatorescher Consultatioun festhalen, esou war de Fraen domadder ni e Gefale gemaach, au contraire! An der zousätzlecher Zwangsberodung hunn d'Frae riskéiert, sech rechtfärdegen ze mussen. Si hu sech misse frieme Leit uvertrauen, hir Intimitéit Präis ginn an op Froen äntwerten. An dat war erniddregend! De Konflikt, an dee Fraen duerch hir Décisioun fir oder géint e Kand geroden, dee ka keen hinnen ewechhuelen, ob mat oder ouni obligatoresch Berodung. Dee politesch gemaachte Konflikt awer schonn.

Den Äerzbëschof huet kierzlech a sengem „Appell an die Verantwortung“ ugefouert, dass sech mat der Reform e kulturelle Wandel ausdréckt, dee besuergniserregend wier, well eis Gesellschaft de Schwangerschaftsabbruch zu engem Instrument vun der Liewensplanung géif trivialiséieren.

Ech wëll betounen, dass keng Fra an der Ofdreiwung e bequeme Moyen zur Gebuertekontroll gesäit oder, fir d'Presidentin vum Planning familial aus enger vun hire Cartes blanches ze zitieren: „D'Frae mussen och nach schëlleg sinn, well se net amstand sinn opzepassen. Si mussen e schlecht Gewëssen hunn, well se an deene 40 Joer oder 10.080 Deeg, an deene se fruchtbar sinn a musse verhidden, et emol vergiess hunn, schwach waren oder krank. D'Frae ginn higestallt wéi gehirlos Wiesen, déi nëmme drop laueren, datt de Schwangerschaftsabbruch legaliséiert gëtt, fir dann drop lass ze avortieren.“

Nun, Dir Dammen an Dir Hären, et ass eng Frechheet! Et ass eng Frechheet, eis Fraen ze ënnerstellen, mir wiere verantwortungslos a géifen herno einfach een Ofbroch nom aneren duerchféiere loosse, ouni richtig driwwer nozedenken, an dass een eis virun eis selwer misst schützen.

Nach eng Kéier: Eng IVG ass keng Partie de plaisir! Et handelt sech net ëm eng Kamell, déi een einfach ofschléckt an da sinn d'Problemer vergiess. An denke mer och drun, dass eng IVG medikamentös just am Ufank vun der Schwangerschaft méiglech ass. Allerdéngs kënn et no engem Ofbroch oft nach zu Blutdungen. D'Fraen hunn oft eng onmoosseg Péng a sinn och soss net an enger ganz agréabler Situation. A vu kierperlechen Aktivitéite gëtt hinnen-och nach ofgeroden.

Et ass en Acte de santé sexuel intime, dee sech iwwer e puer Etappen zitt, woubäi déi Betrafften oft och net an der Lag sinn, während e puer Deeg schaffen ze goen. Well et ass eppes

anescht, wann ee sech mëttes eng Kéier fräihëlt, fir bei den Dokter ze goen.

An dofir wëll ech op dëser Plaz och un déi wäertvoll Aarbecht vun all deene Professionellen a Bénévole gedenken, déi d'Fraen an deene schwierige Momenter begleeden, se soignéieren an hinnen zur Säit stinn.

Ze mengen, wann d'IVG legaliséiert gëtt, dass dann d'Agrëffer géifen an d'Luucht goen, ass falsch! Éischtens weisen Etüden, dass eng repressiv Gesetzgebung net zu enger Reduktioun vun Ofdreiwunge féiert. An zweetens hu mir hei am Land vill Fraen, déi sech elo schonns bewosst fir e Schwangerschaftsabbruch entscheeden. Eleng de Planning familial schwätzt fir 2013 vun etwa 389 Fäll. Déi jéngste betraffe Fra hat zwielef Joer an déi eelste 47. Dat ass eng Realitéit, déi mer mussen zur Kenntnis huelen. Och wann déi konservativ a klerikal Lageren dat net wëlle gesinn!

Et ass net esou, wann een eppes zum Tabu mécht, dass et dann net geschitt. An et hëlleft och näischt, de Kapp an de Sand ze stiechen. An dofir muss mer driwwer diskutieren, ënner wat fir engen Ëmstänn a Konditiounen Fraen ofdreiwen.

Gläichzäiteg muss och d'Preventioun verstärkt ginn. Ech wënsche mer, dass mer an deenen nächste Jore ganz konkret virukommen an d'Moyenen an deem Beräich verstärken. E modernt a fortschrittlecht IVG-Gesetz muss de pair goe mat Preventiounsmesuren. Dozou gehéiert den nationale Plang vun der Éducation sexuelle et affective. Bei der Opklärungs-aarbecht goufen an de leschte Joren Efforte gemaach, an awer trifft een ëmmer nach op Jonker, déi net genuch iwwert d'Leift, d'Sexualitéit an d'Familljeplanung informéiert sinn.

Eng Partie Elteren di sech och schwierig mat deem Thema a vill Jonker traue sech net, bei déi Erwuessen ze goen oder wëssen och net, wou se Äntwerten op hir Froen a gegebenensfalls Hëllef kréien. Déi Ängscht, déi bestinn, wa mer méi opklären, dass dann déi jonk méi sexuell aktiv ginn, sinn net berechtegt! Studien an Evaluatiounen vu Programmer weisen, dass Jugendlecher duerch eng gutt Sexualerzéiung an der Schoul oft méi spët a manner, dofir awer méi bewosst sexuell Rapporten hunn.

Am Aktionsplang fir d'Sexualerzéiung geet et och ëm de Respekt, d'Recht op Selbstbestimmung, awer och ëm d'Recht op d'Freed. Den Unterrecht soll sech net just op d'Évitée vu sexueller Krankheete limitéieren. D'Sexualitéit soll enttabuséiert ginn an ënner all hire Facettë gekuckt ginn, op eng tolerant an op eng oppe Manéier. An de Programm ass och als Gewaltpreventioun ze gesinn.

Am Regierungssaccord steet, dass d'Aktiounen sollen ëmgësat ginn an d'Koordinatioun vum Groupe de pilotage soll assuréiert ginn. En Outil fir d'Evaluatioun an de Suivi vum Programm soll ausgeschafft ginn. An dofir hunn ech och eng Fro un d'Regierung: Wou sidd Dir mat deenen Aarbechten drun? Si schonns konkret Aktiounen realiséiert ginn, respektiv an der Maach? A wéi gesäit de Suivi vun der Plattform aus, wou am Juli d'lescht Joer den Aktionsplang lancéiert gouf?

A wa mer vu Preventioun schwätzen, firwat och net e verbesserten Accès zu alle Verhütungsmëttel, an dat net nëmme fir déi jonk Leit.

Ofschléissend wëll ech ervirhiewen, dass Fraen, déi ongewollt schwanger ginn, net dierfen eleng gelooss ginn. A selbstverständlech, wann de Partner do ass, wann et dee gëtt, soll och deen zu Wuert kommen. Mä a leschter Instanz läit d'Décisioun net bei de Politiker, net bei den Dokter an och net beim Mann, mä bei der schwangerer Fra selwer a si soll fräi soe kënnen: Mäi Bauch gehéiert mir!

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madame Bofferding. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm an d'Wuert huet d'Regierung; fir d'Éischt den Här Justizminister.

**Prises de position du Gouvernement**

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Merci, Här President. A Merci och direkt un d'Rapportrice fir hiren, wéi ech wierklech fannen, exzellente schrëftlechen an och mündleche Rapport. Merci awer och un all d'Membere vun der Commission juridique an och deene vun der Commission de la Santé, déi sech un den Diskussiounen bedeelegt hunn. Et ware ganz flott a konstruktiv Diskussiounen, déi mer do haten. Wéi ech och fannen, dass haut an der





Chamber selwer d'Diskussiounen zu kengem Moment d'Dignitéit verluer hunn. An dat, wësse mer aus anere Länner, ass net ëmmer an iwwerall an deemselwechte Mooss de Fall. An dofir Merci nach eng Kéier.

Ech muss soen, et ass net ouni Emotioun, dass ech dëse Projet am Numm vun der Regierung haut konnt hei mat lech diskutéieren, well mer en fait eng Diskussioun zu engem Ofschloss bréngen, déi 36 Joer, mindestens, amgang war. An esou wéi mer 1978 d'Diskussioun eng éischte Kéier konnte richteg opmaachen, mam Argument vun der Selbstbestimmung vun der Fra, bréngt mer d'Diskussioun och op en Enn.

D'Argument huet net geännert. D'Argument huet just 36 Joer gebraucht, bis et sech iwwerall esou konnt durchsetzen, dass eng parlamentaresch Majoritéit och an den Text dat konnt ophuelen, wat zënter méi wéi 36 Joer scho richteg war. Dorunner hu vill Leit geschafft, net just déi, déi haut an der Chamber oder an der Regierung sinn, mä vill Leit, déi sech agesat hunn a sech, wéi ech fannen, zu Recht dofir agesat hunn.

Mam Vote vun dësem Projet ginn ech als Justizminister och en Deel vu mengen Attributiounen of, dohinner wou se, a mengen Aen, ëmmer hätte misse sinn, nämlech bei d'Gesondheitsministesch. Well et ass keng Fro vum penale Recht. Et hätt scho laang keng méi dierfe sinn! A wa mer dat haut eréischt vollzéien, dann ass et eigentlech relativ spët.

Mä den Här Urbany huet net Onrecht, wa mer ronderëm eis kucken an Europa, da wësse mer, dass mer op där heiter Fro ëmmer musse wuechtsam bleiwen. Et gëtt genuch Leit, déi mengen, dass een hei och d'Rad vun der Geschicht kéint zrückschrauwen. Ech mengen, dass dat zu Lëtzebuerg net wäert de Fall sinn, wann dës Zoustännegkeeten definitiv eenzeg an eleng do sinn, wou se higeiéieren, am Beräich vun der Zoustännegkeet vum Gesondheitsministère.

Haut wäerte mer de Schwangerschaftsabbruch depenaliséieren, deelweis, net ganz. Dat ass richteg. Och do ass den Här Urbany schonn drop agaangen. Ech wëll awer soen, wa mer de Schwangerschaftsabbruch ganz wëilten depenaliséieren, quer nëischt méi ënner Strof stellen, da misst ee gläichzäitig och a konsequenterweis soen, dass een och d'Frist, déi mer hunn, an déi d'Regierung net nei an d'Diskussioun bruecht huet - déi aktuell Délai vun 12 respektiv 14 Wochen hale mir fir adequat an net enger neier Diskussioun bedürftig -, a wann een also plädéiert fir eng komplett „Depenaliséierung“ - tëscht Gänseféisercher -, plädéiert een och gläichzäitig fir d'Ofschaf vum all Frist, vun all Délai. Well et huet kee Sënn, Délaien am Gesetz bäizebehalen, wann ee seet, mä d'Netanhale vum Délai huet keng Konsequenzen.

Dat ass net d'Meenung vun der Regierung. Dofir hu mer et och net komplett depenaliséiert, well mer mengen, dass et eng Frist muss ginn. Déi Fristen, déi mer scho laang an eise Gesetz hunn an déi mer net enger neier Diskussioun wollten ënnerwerfen. An dofir kann een och net, an den Ae vun der Regierung, d'Depenaliséierung zu honnert Prozent realiséieren.

Et ass och net esou, dass mer duerch dëst Gesetz elo d'Rechter eesäitig géife beschreiben. Mir mengen, mir beschreiwe se richteg. Mä et bleiwen och aner Rechter hei am Équilibre mat bestoen. Den Här Gloden huet eng Duerstellung gemaach, wéi wann dat heiten eng eesäitig Opdeelung vun de Rechter wier, déi hei sech an engem Spannungsfeld zum Deel géintwärtig befannen. Ech mengen net, dass dat richteg ass.

Éischtens, well d'Depenaliséierung jo net komplett gemaach gëtt, aus deene Grënn, déi ech virdru genannt schonn hunn. Zweetens, well déi Gewëssensklausel jo och erhale bleift. Eng Gewëssensklausel, där hire prakteschen Nährwert een awer dierf hannerfroen. Well d'Virstellung, dass eng schwanger Fra wëilt bei en Dokter goen, deem dann aus perséinlecher, moralescher Iwwerzeugung de Schwangerschaftsabbruch net wëilt virhuelen, an dass déi Fra deem op d'Gericht géif huelen, fir hire Wëllen durchzusetzen, dass deem Akt un hir vun deem Dokter géif praktizéiert ginn, déi Virstellung entsprécht jo kenger Realitéit.

Wann dat Vertrauensverhältnis tëschent der schwangerer Fra an dem Dokter net ginn ass, dann ass dat Éischt, wat déi Fra mécht, bei en aneren Dokter ze goen. Dofir ass déi Klausel vun engem relativ geréngte prakteschen Nährwert, mä si dréit awer am Text trotzdeem dozou bäi, dass een, mengen ech, net ka vun engem eesäitigen Text schwätzen.

An Äre Verweis, Här Gloden, op dem Lucien Weiler seng Ried an de Verweis a senger Ried op d'Cour européenne des droits de l'Homme wëll ech awer an deem Sënn rectifiéieren, dass deem Text, deem haut d'Chamber stëmmt, deem ass a kengem Punkt net konform zu der Europäescher Konventioun. Dat ass e Gefill, dat vläicht hei entstanen ass, mä dat ass net esou. Dësen Text ass en tout point conforme a keen Artikel vun dësem Text wäert zu Stroossbuerg riskéieren, am Kader vun engem Recours gekippt ze ginn. Dat hei ass also mat der Konventioun iwwert d'Mënscherechter zu honnert Prozent konform.

Déi gréisst Ännerunge sinn natierlech d'Ofschaf vum der Détresse, déi am Text steet. Ech weess och, dass d'Kolleege vun der CSV sech dorunner stousen. Wann een awer éierlech ass, muss ee soen, dass och schonn deem Text, deem zënter 2012 besteet, nëmme eng ganz relativ Bedeitung der Détresse bäigemooss huet. D'Détresse stoung wuel nach am Text. Hannendru stoung awer, dass d'Fra ganz eleng a souverän decidéiert, wéi eng Konsequenzen dass se zitt. Soudass et, mengen ech, eng ganz subjektiv Notion vun Détresse ass, déi drastoung, a keng objektiv.

Et kann een also, mengen ech, net soen, dass deem Text, dee mer haut hunn, op deem dote Punkt vun enger Kloeerheet wier a vun enger objektiver Argumentation hier géif découleren. Et ass och elo schonn am Text esou, dass d'Fra decidéiert huet.

Mä et ass een Text, deem dofir och eng gewëssen Onéierlechkeet a sech huet. An ech mengen, dass déi Formulatioun, déi mer haut wäerte stëmmen, op deem dote Punkt dann och Schluss mécht mat där Form do vun Hypokrisie. Hei geet et eendeitig net méi ëm eng Situation de détresse, déi ee selwer aschätzt oder fréier anerer fir een ageschat hunn. Haut geet et ëm Selbstbestimmung. An dat ass déi Iddi, déi an den Text haut soll erakommen.

Mir ginn och dofir op de Wee vun enger eendeitiger Fristeléisung, déi och déi néideg - an dat ass och virdru scho gesot ginn - juristesch Kloeerheet huet. Dësen Text ass juristesch wesentlech méi kloer an applikabel, wéi deem Text, wéi mer en zënter 2012 hunn, deem e Kompromëss war.

Wat ofgeschaf gëtt, ass de Consentement par écrit. D'Kommissioun huet do, an den Ae vun der Regierung, och déi richteg Décisioun geholl. Hei geet et ëm d'Selbstbestimmung vun der Fra. Et huet een net drun ze zweifelen, wann eng Fra déi Décisioun hëlt. Déi muss dat net och nach eng Kéier schrëftlech bestätegen. Dat ass, mengen ech, eng Saach, déi elo och besser geregelt ass.

D'Ofschaf vum der zweeter obligatorescher Consultation: Och do muss ee rappeléieren, dass déi zwou Consultatiounen net zweemol datselwecht maachen. Dat entsteet duerch deem Ausdrock „déi zweet obligatoresch“, wéi wann et zweemol datselwecht wier. Dat ass net de Fall. Déi éischt ass eng reng medezinesch an déi gëtt och dofir onbedéngt bäibehalen. Déi zweet war méi eng psychologisch Berodung, déi awer obligatoresche Charakter hat.

Mir schafen och déi Berodung net of. Den Ënnerschied ass: Aus deem, wat elo eng Pflicht ass, gëtt an Zukunft e Recht. Jiddwer Fra huet d'Recht op Berodung, wa si et da selwer fir sech wënscht a wa si et brauch. Mä d'Pflicht, déi mer bis elo kennen, déi eigentlech dem Recht op Selbstbestimmung widderstëcht, déi gëtt ofgeschafft, an dat ass a mengen Aen och richteg esou.

E Punkt, deem awer bäibehale gëtt, dat ass den Artikel 352 vum Code pénal, dee weiderhi kloerstellt, dass ausser d'Dokteren, an ënnert deene Konditiounen, déi am Gesetz beschriwwen sinn, selbstverständlech keen aneren dierf en Avortement virhuelen. Dat, wat se a Frankräich ëmmer „faiseuses d'anges“ genannt hunn, dat ass zu Lëtzebuerg ausdrécklech verbueden an dat bleift och ausdrécklech verbueden. Dat kann nëmme an optimaalste medezinesche Konditiounen stattfannen.

A jiddwereen, deem net d'Recht huet, e Schwangerschaftsabbruch virzehuelen, dee riskéiert och Prisongsstrofen, wann en dat géif maachen. Zum Beispill, fir ze évitéieren, dass een net bei en Dokter geet, fir ze évitéieren, dass een dat dobausse wéisst, da géif dat am Haus gemaach ginn. Mir wësse jo, wou mer op deem doten Thema, vu wou dass mer do hierkommen.

Wat net ännert, dat ass d'Situatioun vun de Mineuren, well mer och mengen, dass déi Situatioun richteg geregelt ass. Och an Zukunft muss e Mineur déi Décisioun kënne selwer huelen, och wann e mat den Elteren net enger Meenung ass. En huet awer gläichzäitig och d'Recht, mat senger Décisioun net eleng gelooss ze ginn. Dofir bleiwen déi Consulta-

tiounen bei de Mineuren och obligatoresch, well se besonnesch schützbedürftig sinn.

An do muss ee sécherstellen, dass all d'Informatiounen kënnen un déi schwanger männerjähreg Fra kommen. A si huet och d'Recht, sech begleeden ze loossen, mä dat mussen net d'Eltere sinn. Dat ass och elo schonn am Gesetz esou geregelt an dat ännert och net, well mer déi Dispositiounen ausdrécklech bei Mannerjähre fir onbedéngt noutwendeg ugesinn.

E puer Remarquë just nach, Här President, fir den eenzelnen Orateuren och nach eng Kéier kuerz ze äntwerte vun der Oppositioun.

D'Madame Hetto huet d'Fro no der Motioun gestallt an no hirer Bilanzéierung. Do trennt eis eppes ganz kloer, Madame Hetto. Dir frot no der praktescher Auswirkung vun der Regelung vum aktuelle Gesetz. Mir soen lech, fir eis ass et keng Fro vu prakteschem Resultat. Fir eis ass et eng prinzipiell Fro. Et geet ëm d'Selbstbestimmung vun der Fra.

Soll eng Consultation bei den Dokter obligatoresch sinn oder net? Dat ass keng Auswärtung vu prakteschen Elementer. Dat ass eng prinzipiell Fro, déi déi Koalitioun an d'Majoritéit an der Chamber haut esou beäntwert. An och lech wëll ech rappeléieren, dass mer dofir déi Consultatioun net ofschafen, mä aus enger Pflicht gëtt e Recht. An de Stat huet weiderhin d'Obligatioun, dat oprechtzëerhale fir all déi, déi et wënschen an déi d'Gefill hunn, dass se et brauchen.

Dir stellt och d'Fro, Dir hat et och an der Kommissioun scho gemaach, no der Roll vun de Männer. Déi Fro fannen ech net onpertinent. Mä och, wann ee laang driwwer nodenkt, kënnt een ëmmer zur Konkusioun, dass um Enn awer d'Fra déi ass, déi muss entscheiden. Et ass jo net esou, wéi wann all Fra, déi e Schwangerschaftsabbruch virhëlt, dat hirem Partner géif virenthalen. Et ass net, well et net am Gesetz steet, dass een net därer driwwer schwätze mat sengem Partner. An dat geschitt jo och.

Mä an deene Fäll, wou dat Gespräch net méi méiglech ass, aus wat fir Grënn och ëmmer, ka jo net um Enn e Recht dostoen op Aenheicht tëschent dem Partner, deem à l'origine ass vun där Schwangerschaft, an der schwangerer Fra selwer. D'Recht vun der Fra, a leschter Instanz, selbstbestëmmeend ze decidéieren, wat se mat hirem Kierper mécht, muss iwwert dem Recht stoe vum Mann, deem hire Partner war. An do kann ee laang driwwer nodenken, Dir kommt net zu enger anerer Konkusioun. Ech hat lech och an der Kommissioun gesot: Wat äntwert Der selwer an d'CSV op déi Fro, déi Der stellt? An ech waarden do bis haut nach op d'Äntwert.

Den Här Reding huet e Plädoyer gehalen, deem eis net iwwerrascht huet, kloer. Ech wëll dem Här Reding just an engem Saz äntwerten, dass e Verbuert vum Avortement, deem Dir lech jo am Text wënscht, net dozou féiert, dass et keng Avortemente méi gëtt.

Wat et awer gëtt, dat si vill Fraen, déi stierwen un Avortementen, déi ënner onméigleche Konditiounen praktizéiert ginn. Dat ass d'Konsequenz vun engem kloere Verbuert. An dat wësse mer aus der Erfahrung vu ganz ville Länner, wou den Text dat doten esou kloer geregelt huet an d'Realitéit natierlech iwwerhaapt net méi bei den Text duerno passt. Mat onendlech vill Misär bei Fraen, déi leiden, déi dorunner stierwen. An et ass och dat, wat probéiert gëtt, mat dëser Politik net méi ze hunn. Mä de Verbuert suert net derfir, dass et keng Schwangerschaftsabbruch gëtt.

Voilà, Här President, ech wollt net méi laang drop äntwerten. D'Gesondheitsministesch ass, ech géif soen, vun elo un en charge. Ech gi praktesch de Staf of. Si huet heizou mat Sécherheet och villes ze soen, an ech géif hir gären de Rescht vun der Riedezäit loossen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Une voix.** - An e bësse méi.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Justizminister.

Wa mer der Gesondheitsministesch just nach de Rescht vun der Riedezäit loossen, dann huet se nach eng Minutt. Ech wollt awer d'Chamber froen, vu dass eng Rei vu Froen vun den Deputéierte sech u si gericht hunn, ob mer kënnen e bësse kulant sinn.

(**Assentiment**)

Madame Minister, Dir gesitt.

► **Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé.** - Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, ech gehéieren effektiv och zu deenen, fir déi dat heite Gesetz e weidere wichtege Schratt duerstellt, fir d'Recht vu Selbstbestimmung fir all Fraen anzekloen. An ech wëll déi puer Minutten, déi de President mer ginn huet, notzen, fir dee Projet aus gesondheitspolitescher Siicht ze betruuchten.

Jo, Lëtzebuerg hat nach e Retard, wat d'Depenalisation ugeet. An ech si frou, dass d'Regele vun der Interruption volontaire de grossesse elo net méi an enger Penalgesetzgebung verankert sinn, mä an engem Preventiounsgesetz, an engem Gesetz, wat sech beschäftegt mat der Information sexuelle. An et ass och effektiv do, wou et higeiéiert.

D'Unerkenne vum Schwangerschaftsabbruch ass e Problem vun effentlecher Gesondheet. Dat ass natierlech e Punkt, dee mir besonnesch um Härz läit. Natierlech geet et och dorëms, fir ze verënnern, dass Fraen eng Interventioun am Ausland maache mussen, ouni weidere medezinesche Suivi, ouni séier Interventiounen bei Komplikatiounen an och ouni Hëllef an Orientatioun vu kompetenten Infrastrukturen an Associatiounen, déi an deem doten Domän schaffen an déi sech och asetzen, fir ronderëm den Thema vun der Sexualitéit virun allem Tabuen ze briechen, a vu klengem un drop awierken, dass mer en aneren Émgang mateneen hunn.

An dofir wëll ech hei ervirsträichen, dass mam Opschaf vum Gesetz net nëmme eng Verbesserung fir d'Selbstbestimmung vun der Fra stattfënnt, mä och eng ganz Rei vu Qualitéitsverbesserungen agefouert ginn, souwuel wat déi medezinesch an déi psychosozial Betreuung ugeet wéi och d'Vernetzung vun de medezinesche Servicer an deenen Organismen, déi an deem dote Beräich aktiv sinn. An dat sinn natierlech Verbesserungen, déi schwéierpunktméisseg de Fraen an där Situatioun wäerten zeguttkommen.

Ech sinn hei drop ugeschwat ginn, dass mer dee Programme national de promotion de la santé affective et sexuelle solle weiderféieren. Jo, dat ass effektiv e ganz wichtege Programm. Och deem Aktionsprogramm, deem do drunhënt, dee gouf am Juli 2013, also ënnert der vieregter Regierung, vu véier Ministere lancéiert. An et ass elo d'Aufgab vun dëser Regierung, fir d'Mise en œuvre vun deem Plang ze maachen. An déi läit mer och wierklech um Härz, well et geet ëm eng global Approche ronderëm d'Froen vun der sexueller Gesondheet.

Jo, et geet wuel och ëm den Aspekt vum Schwangerschaftsabbruch, fir deem ze thematiséieren, mä et geet awer gläichermoossen och ëm Froen vun der Contraception, vun der Verhënnerung vu sexueller iwwerdrebbare Krankheeten, ëm d'sexuell Erziehung, och ëm d'Formatioun, déi hei ugeschwat ginn ass, ëm spezifesch Besoine vu spezifesch Populatiounen, ëm d'Gender-Aspekter oder och ëm d'Verhënnerung vu Pressioun a Gewalt. An ech wëll mech am Numm vun der Regierung hei derfir ausschwatzen an asetzen, dass déi verschidden Aktiounen vun deem Plang och herno ëmgesat ginn.

Jo, effektiv, Här President, mir dierfen d'Preventioun net vergiessen. A mir musse mat deene Jonken, mat eise Kanner nach vill méi iwwer Sexualitéit a Contraception oder och iwwer Präservative schwätzen. Well och, wann dëst Gesetz et der Fra méi einfach mécht, eng schwéier Décisioun ze huelen, esou ass dach awer eent vun eisen Haaptziler - an dat, mengen ech, ass d'Meenung vun eis allegueren heibannen -, dass et wa méiglech guer net bis zu enger ongewollter Schwangerschaft soll kommen!

Mir mussen iwwer Preventioun dorobber awierken a vu klengem un iwwert de Respekt mateneen an iwwer en Émgang, deem net vun Dominanz a vu Gewalt geprägt ass, en natierlechen Émgang mat der Sexualitéit kréien. An dat ass och eis Aufgab als politesch Décideuren.

Ech wëlt dann ofschléissend ënnersträichen, dass zënter dem besteende Gesetz vun 2012, wat jo och haut thematiséiert gi war, schonn eng ganz Rei vun eise Partner mobiliséiert goufen, wéi medezinesche Servicer oder Dokteren a psychosoziale Servicer, déi am Domän schaffen. An ënnert der Leedung vum Gesondheitsministère sinn zesumme scho ganz kohärent Proposen ausgeschafft ginn, fir d'Prise en charge vun de betraffene Fraen ze verbessern, wann et da gewënscht ass - ëmmer, wann et da gewënscht ass!

A mengen Aen ass et och ganz wichteg - an dat ass och scho vu mengem Virriedner gesot ginn -, fir net méi op de Wee ze goe vun där zweeter obligatorescher Consultatioun. Well effektiv soll, wann et gewënscht ass, déi Hëllef do ugebuede ginn, wou se ze kréien ass. Well et geet drëms, den Hëlfeinfrastrukturen dee Rôle ze ginn, dee si solle spillen: ënnerstëtzen, orientéieren a begleeden, an dëst an engem vertrauensvolle Kader an net just an der Exekutioun vun enger Obligatioun.

Ech wëlt awer ofschléissend och nach d'Ouverture vun der Regierung mat op de Wee ginn, fir iwwer all déi Froen ronderëm de Rembourse-





ment oppen ze diskutéieren. Et sinn der vill vun lech, déi déi ugeschwat hunn. Ech wëll dat och mat am Numm vum Sozialminister soen, dee mer och mat op de Wee ginn huet, dass hien op ass, fir déi Diskussiounen ze entaméieren. A vu dass queesch duerch all Parteien dee Wonsch hei artikuléiert ginn ass, wëll ech dat och mat op de Wee huelen.

Ech wëll och ofschléissend der Rapportrice e grouse Merci soen. Si huet déi Saach gutt gemaach, net nëmmen hei an hirem Rapport, souwuel schréfftlech wéi och mëndlech, mä och an den Aarbechte vun deenen zwou Kommissiounen, déi als Jointé sech gesinn hunn, wou vill a gutt geschafft ginn ass. A wou ech denken, dass de virleende Gesetzesprojet an där gudder Qualitéit, wéi e virläit, och ee Mérite vun deenen zwou Kommissiounen ass, déi zesummege schafft hunn.

An domat, Här President, hoffen ech, dass ech net ze vill vun Ärer Generosität abuséiert hunn, a soe Merci fir d'Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Merci och. Ech wëll just soen, dass déi véier Ministeren, déi déi Plattform ënnerschriwwen hunn, zefridde sinn doriwwer, dass déi Plattform och konsequent ëmgemat wäert ginn. Merci.

Domat si mer um Enn vun eiser Diskussioun ukomm a mer kënnen direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6683 iwwergoen.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 6683 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass eriwuer.

Mat Jo hu gestëmmt 38 Deputéierten, mat Nee 22. Domat ass de Projet ugehoill.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, MM. Gilles Roth et Serge Wilmes;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen (par Mme Claudia Dall'Agnol) et M. Roger Negri;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Justin Turpel et Serge Urbany.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Marco Schank, Marc Spautz, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Gast Gibéryen (par M. Roy Reding), Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

Da wollt ech d'Chamber nach froen, ob se d'accord ass, fir de Projet zum zweete verfassungsméissege Vote ze entbannen?

#### **(Assentiment)**

Dat ass dann esou décidéiert.

Mir géifen dann zum leschte Punkt vun eiser Dagesuerdnung vun haut iwwergoen. Dat ass de Projet de loi iwwert d'Statskonte vun 2013. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet direkt d'Rapportrice, déi honorabel Madame Diane Adehm. Dir hutt d'Wuert!

### **6. 6692 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2013**

#### **Rapport de la Commission de l'exécution budgétaire**

► **Mme Diane Adehm (CSV), rapportrice.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 6692 iwwert d'Statskonte vum Exercice 2013 ass den 30. Mee 2014 an der Chamber déposéiert ginn. Bei der Opstellung vum Budget fir d'Joer 2013 war d'Regierung vun engem Wuesstum vun 1,7% vum Bruttoinlandsprodukt ausgaangen. Tatsächlech hate mir e Wuesstum vun 2,1%. D'Inflatioun war mat 1,7% méi niddreg wéi déi erwaarten 2%. De Beschäftigungstaux ass ëm 2% geklommen an trotzdeem louch de Chômage am Duerchschnitt bei 6,9% fir 2013.

An deem wirtschaftlechen Ëmfeld huet de Kont 2013 mat engem Defizit vu 690,9

Milliounen Euro ofgeschloss. Dat sinn 132,59 Milliounen Euro méi, wéi am Budget fir d'Joer 2013 virgesi waren.

Dozou muss een awer soen, dass en Emprunt vun iwwer dräi Milliarden opgeholl ginn ass am Joer 2013. Wa mir dësen Emprunt derbäirechnen, schléisst mir de Kont mat engem Iwwerschoss vun 359 Milliounen of.

Zu deem Emprunt ass nach ze soen, dass zwou Milliarde benotzt gi sinn, fir en Emprunt zréckzebezuelen, deen 2013 fäleg ginn ass, an dass d'Neiverscheldung also ëm eng Milliard geklommen ass.

Här President, a mengem schréfftleche Rapport fannt Dir den Detail vun den Zuelen, wat de Compte général vun 2013 ugeet.

Ech wëllt just e puer Posten ervirhiewen, déi wesentlech méi héich waren, wéi am Budget vun 2013 virgesi war. Op der Recettésäit sinn et folgend Posten: d'Recetten aus der TVA waren 170 Milliounen méi héich, d'Lounsteier war 112 Milliounen méi héich an d'Einnahmen aus der Taxe d'abonnement waren 91 Milliounen Euro méi héich. Op der Ausgabesäit sinn et folgend Posten: 334 Milliounen Euro ginn zousätzlech an d'Spezialfongen, an dëst haaptsächlech an de Fonds communal, de Fonds des routes an de Fong fir d'Garantiesgesetz. D'Transferen un d'Stëit sinn 59,4 Milliounen méi héich wéi virgesinn.

Wat d'Presentatioun vum Budget no der europäescher Method, der sougenanntener „SEC 95-Presentatioun“, ugeet, do huet d'Kommissioun leider misse feststellen, dass dës Zuelen dem Compte général vun 2013 net bäileien. Dobäi hat d'Budgetskontrollkommissioun awer am Kader vum Kont 2010 genee dës Presentatioun gefrot. Dës Presentatioun ass an de leschte Joren och ëmmer vun der Regierung matgeléiwert ginn, ausser ebe fir de Statskont 2013.

Här President, an hirer Sitzung vum 24. November 2014 huet d'Budgetskontrollkommissioun sech mam Statsrot sengem Avis auseneegesat. Wat d'Situatioun vun de Spezialfonge vum Stat ugeet, stellt de Statsrot fest, dass, och wann d'Avoire vun dëse Fonge relativ stabil bliwwen sinn, si dach awer hire Charakter als Reserv iwwert déi lescht Jore verluer hunn.

En anere wichtege Punkt, op deen de Statsrot a sengem Avis hiweist, ass den Déséquilibre tëschent den Einnahmen an den Ausgaben am „Budget pour ordre“. Dëse Punkt kënnt och all Joers erëm.

Des Weiteren invitéiert de Statsrot d'Regierung, iwwert d'Presentatioun vun de Resultater vun der Exekutioun vum Budget nozedenken. Esou weist de Statsrot drop hin, dass d'Presentatioun vum Budget fir d'Joer 2015 konform ass zu den europäesche Virgaben iwwert d'Gouvernance des finances publiques. Dës Presentatioun weist, wéi d'Statsfinanze sech an den nächste Joren entwéckele wäerten. A genee an deem Zesammenhang schléit de Statsrot der Regierung vir, eng wirtschaftlech Analys ze maache vun der Ausféierung vum Budget fir dat lafend Joer an dat lescht Joer.

Här President, d'Cour des Comptes weist an hirem Avis zu de Statskonte vun 2013 och op den Déséquilibre tëschent den Einnahmen an den Ausgabe vum Budget pour ordre hin. Des Weiteren erënnt och de Rechnungshaff drun, dass d'Budgetskontrollkommissioun am Kader vum Kont 2010 mat der deemoleger Regierung ofgemaach hat, datt d'Statskonte géifen no der europäescher Method, eben der sougenannter „SEC 95-Method“, presentéiert ginn.

Des Weiteren huet d'Cour des Comptes sech och mat de Rémunératiounen vun den Agenten, déi beim Stat schaffen, beschäftegt. Dësen Exercice mécht d'Cour des Comptes all Joers an hirem Avis zum Compte général. Fir 2013 huet de Stat zwou Milliarden 148 Milliounen u Gehälter bezuelt. D'Cour des Comptes huet en Échantillon vun 2.700 Dossiere vu Fonctionnaires, Employéen, Aarbechter a Studenten am Detail kontrolléiert. Dovunner waren der 74 net komplett an an 117 Dossiere sinn Onregelméissegkeete festgestallt ginn. An deem Zesammenhang huet d'Budgetskontrollkommissioun sech och ausdrécklech derfir ausgeswat, dass d'Cour des Comptes an Zukunft sollt d'Berechnung vun de Pensioune kontrolléieren, déi u fréier Agente vum Stat ausbezuelt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss wëllt ech nach op zwou Rekommandatiounen agoe vun der Budgetskontrollkommissioun. Déi éischt ass, wéi gesot, déi, dass d'Regierung an Zukunft erëm soll d'Konten no der Method SEC 95 respektiv an Zukunft da SEC 2010 presentéieren. An deem zweete Punkt ass deen, dass d'Budgetskontrollkommissioun der Iwwerzeegung ass, dass am Kader vun der

Iwwerarbechtung vun der Presentatioun vum Budget och d'Kommissioun sech muss eng nei Prozedur ginn, fir hir Kontroll vun der Exekutioun vum Budget an Zukunft ze maachen.

Ofschléissend soen ech nach Merci fir d'No-lauschteren a ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun zum Statskont vum Exercice 2013.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madame Rapportrice. Den éischte Riedner, deen ageschriwwen ass, ass den Här Roger Negri fir d'LSAP.

#### **Discussion générale**

► **M. Roger Negri (LSAP).** - Merci, Här President. Mir wëllen der Rapportrice Madame Diane Adehm e grouse Merci soe fir hir exzellent Rapporten, déi ganz sachlech a kompetent waren, a ginn domat den Accord vun eiser Fraktioun.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Nach Wuertmeldungen? Jo, d'Madame Joëlle Elvinger fir d'DP.

► **Mme Joëlle Elvinger (DP).** - Merci, Här President. Ech géif och der Madame Rapportrice Merci soe fir hire gudden Rapport an ech ginn och d'Zoustëmmung vun der DP-Fraktioun.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dann hunn ech d'Wuertmeldung vum Här Justin Turpel fir déi Lénk. Entschëllegt, eng Sekonn. Ech hat lech net gesinn. D'Madame Loschetter fir déi gréng.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Jo, Här President, ech wollt och just der Madame Adehm Merci soen an den Accord vun der grénger Fraktioun ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Fir dass ech lech an Zukunft net iwwersinn. Den Här Turpel huet elo d'Wuert.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Merci, Här President. Ech géif fannen, datt de Kont vum Stat eigentlech derwäert wier, fir seriö diskutéiert ze ginn. Aus deem ganz einfache Grond...

#### **(Interruption et hilarité)**

Jo. Aus deem ganz einfache Grond, well de Kont am Géigesaz zum Budget net e Pronostic ass, mä déi haart Wirklechkeet vun deem, wat wirklech geschitt ass, wat de Stat vu Suen ausginn huet a wat en ageholl huet. Well ech et awer net ze laang wëll maachen, wëll ech just dräi Punkten...

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - ...wëll ech just dräi Punkten ervirsträichen. Den éischte Punkt, iwwert deen traditionell ëmmer diskutéiert gëtt, mä deen awer ee Problem bleift, ass d'Differenz zwëschen de Pronosticken am Budget an der Wirklechkeet, wéi se am Kont drasteet. An zwar haaptsächlech, well d'Einnahme relativ systematesch ënnerschätzt ginn.

Ech mengen, datt do och eng Absicht hannerdrustéicht, fir Stëmmung ze maachen, fir méi ze spueren. A spueren heescht am Prinzip manner Sozialpolitik, méi schlecht ëffentlech Déngschtleeschungen, mä heescht awer och méi en héicht Akommes, wat net duerch d'Betribler kënnt - ech kommen dorobber zréck -, mä haaptsächlech duerch d'Stëit an d'Leit, déi schaffe ginn.

Ee vun deene wichtegsten Elementer fir dee Pronostic ass nach ëmmer de wirtschaftleche Wuesstum, wéi en ageschätzt gëtt: de Bruttoinlandsprodukt. An do gëtt Lëtzebuerg da meeschtens bei der Budgetpolitik an der Mëtt situéiert. An der Realitéit, an dat gesi mer 2013, ass Lëtzebuerg awer beim BIP bei deene véier, fënnf beschte Länner an der EU.

Een zweete Punkt, deen ech kuerz wëll ervirsträichen, dat ass: Wie bezuelt da wat? An engem Kont gesäit ee jo ganz genee, wie wat bezuelt huet, well et ass jo wirklech dat, wat d'Kontabilität ofgeschloss huet. Vun 2012 op 2013, dat heescht vun deem Joer vir d'ru bis op d'Joer, iwwert dat mer elo schwätzen, ass d'Betribs- a Kapitalsteuer ëm 100 Milliounen erofgaangen. D'Besteuerung vun der Aarbecht ass ëm 330 Milliounen an d'Luucht gaangen.

Wann ech dat e bësse méi wäit kucken, da gesinn ech, datt vun 2000 bis 2013 den Undeel vun de Kollektivitéiten un der Steuer vun 30 op 22% erofgaangen ass, an dee vun de Léin vu 34 op 41% zougéill huet. Souguer d'TVA huet ëm 1% zougéill, vu 36 op 37%, ouni déi elektronesch TVA. A wa mer wëssen, datt elo e groussen Deel vun der elektronescher TVA soll duerch eng direkt TVA ersat

ginn, wäerte mer gesinn, datt deen Trend do nach weidergeet.

An dee leschte Punkt, deen ech mer erlaben ervirzesträichen, dat sinn d'Ongläichheeten, d'sozial Ongläichheeten, esou wéi se am Kont 2013 ganz kloer siichtbar sinn, an dat un zwee Facteuren. Éischte Facteur ass den Ënnerschied vun deenen 20%, déi am meeschten hunn, vis-à-vis vun deenen 20%, déi am mannsten hunn, deen huet zu Lëtzebuerg esou staark zougéill - ech ginn elo keng Chifferen, jiddweree ka se selwer liesen - wéi a kengem vun deene Länner ronderëm.

An deem zweete Koeffizient, deen dat och weist, ass den Gini-Koeffizient, deen d'Ongläichheete moosst, wou dat wirklech och d'nämlech ass. Ouni Sozialtransferen an ouni eis Pensioune wier deen Ënnerschied nach vill méi grouss. An dat soll een och bedenken, wann een un d'Sozialtransferte fréckele geet oder anere Leit wëllt d'Pensioune weider kieren.

D'Zuel vun den Aarbechtsplazen huet am nämlechen Zäitraum vun 2000 op 2013 ëm 46% zougéill, an emol net haaptsächlech d'Frontalieren, mä souguer haaptsächlech d'Inlandsaarbechtsplazen. Trotzdeem huet de Chômage och 2013 zougéill vis-à-vis vun deene Jore vir d'ru, souguer haaptsächlech bei de 50- bis 59-Jähregen, wat och weist, datt de Wirtschaftswuesstum et net erlaabt, fir de Chômage ze bekämpfen, datt duerfir aner Mëttele mussen agesat ginn. Mä alles dat si Froen, op déi mer sécherlech bei der Budgetdiskussioun 2015 wäerten zréckkommen. Mä et huet mer wichteg geschéngt, fir ze weisen, datt ee Kont eppes ass, mat deem ee sech wirklech soll seriö ofginn, well mer ewechkomme vum Kaffissazliesen a vu Pronosticken, déi net antrieden, zu der haarder Realitéit, an déi ass net onbedéngt flott fir jiddwereen zu Lëtzebuerg.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Turpel. Domat si mer mat der Diskussioun um Enn an d'Wuert huet fir d'Regierung den Här Félix Braz.

#### **Prise de position du Gouvernement**

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice, en remplacement de M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - ...

► **Une voix.** - Mir héieren lech net.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice, en remplacement de M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Macht de Mikro un! Ass en elo un? Elo ass en un.

Erlaabt mer, wéi gesot, de Finanzminister ze entschëllegen, deen am Ausland ass. Ech wëll der Madame Adehm e Merci soe fir hire ganz detailléierten an explizite Rapport. Ech wëll och der Chamber félicitéieren, well mer et dëst Joer fäerdegbruecht hunn, de Compte général vum vergaangene Joer ze stëmmen, ier mer de Budget vum folgende Joer stëmmen. Dat war net ëmmer esou. Ech weess dat, well ech selwer fënnemol Rapporteur war vum Kont, wou mer zum Deel dräi, véier Joer Retard haten am Exercice. Elo si mer am Trëtt, dat ass richtig, och wann een duerchaus kéint méi driwwer diskutéieren, wéi den Här Turpel bemierkt huet.

Ech wëll just eng Remarque maachen, och am Numm vum Finanzminister, zu engem Punkt, deen an der Kommissioun och de Moien nach opgeworf ginn ass: Dat ass den Écart, dee festgestallt ginn ass bei véier Fonds spéciaux tëschent den Zuele vum Compte général an den Zuelen aus dem SAP-System.

Ech wëll kloerstellen, dass déi Zuelen, déi am Compte général stinn, déi richtig sinn, dass also näischt am Wee steet, dee Duer haut kënnen virzehuelen. Déi Zuelen, déi Der elo wäert stëmmen, sinn déi Zuelen, déi stëmmen. Et besteet awer effektiv en Écart mat den SAP-Zuelen. Dat ass net nei, dat ass en technesche Problem op deem Niveau do. D'Regierung engagéiert sech och ze probéieren, deen aus der Welt ze schafen. Dat schéngt awer net esou liicht ze sinn, soss wäert dat scho geschitt, well dat do jo scho jorelaang versprach gëtt vu Regierungen, dass se dat aus der Welt wëlle schafen. Ech hoffen, dass mer bis d'nächst Joer dann zumindest den Écart verréngert hunn.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Justizminister am Numm vun der Regierung. Dann, mengen ech, wäre mer um Enn ukomm a mer géifen zur Ofstëmmung iwwergoen. Si huet ugefaangen.